

a Baumaterial a Pabeier, mee späichert och CO₂ a puffert gläichzäitig och nach d'Temperaturschwankungen.

A puncto Liewensmëttel, an dat gëtt oft géinteneen ausgespilt, mee 75 % vun eisen Narungsmëttel hänke vun den natierleche Bestëbser of, a bei eis sinn dat eeben haaptsächlech Insekten. De Réckgang vun den Insekten ass nogewisen an och dee musse mer eescht huelen, an eise eegenen Interêt.

A weider: E groussen Deel – also e lescht Beispill – vun eise Medikamenter kënn aus der Natur. Graff 70 % vun de Medikamenter géint de Kriibs stamen aus natierleche Produkter respektiv waren d'Quell, fir se haut an engem Labo hierzustellen.

An déi Lëscht geet nach weider, mee et soll eigentlech just drun erënneren, wéi wichteg d'Natur fir eis ass. A fir dass mir Mënschen an Zukunft weider vun all dese Services profitéiere kënnen, musse mer d'Natur schützen a restauréieren. Dëst ass een essenziell wichtegen Invest. Graff kann ee schätzen – an international Impaktbewäertunge confirméieren dat –, dass mir fir all Euro, deen an d'Restauration an an de Schutz vun der Natur gestach gëtt, op d'mannst en zéngfache Retour oder Gewënn erwaarde kënnen. An dee Schutz vu genee dësem Kapital war den Objet vun der COP15.

Während der 15. Reunion vun der Konferenz vun de Parteie vun der Konvention iwwer biologesch Diversitéit zu Montreal huet déi international Communautéit, ënner chineesescher Presidence a mat Lëtzeburger Participatioun, en neie globalen Accord fir de Schutz vun der Natur geholl. Deen neie Kunming-Montreal Global Biodiversity Framework ass eng gemeinsam weltwäit Visioun, fir d'Biodiversitéit ze schützen. Dës Visioun gesäit vir, dass de Mënsch am Joer 2050 nees an Harmonie mat der Natur soll liewen. A fir dëst ze erreechen, muss de Verloscht vun der Biodiversitéit gestoppt ginn an den Trend bis 2030 ëmgedréit ginn.

Dofir hu sech d'Staate véier laangfristeg Ziler bis 2050 an 23 mëttelfristeg Ziler gesat, déi bis 2030 ze erreeche sinn, an ech wëll der just siwen heivun eraushiewen, den Här Benoy huet Der schonn e puer erwänt.

Éischstens: Op d'mannst 30 % vun der Land- a Mieresfläch vun der Welt wäerten ënner effektive Schutz gesat ginn, virun allem Gebidder mat héijer Biodiversitéit, déi besonnesch Schutz verdéngen. D'Rechter vun Naturvëlker a lokale Gemeinschaften, déi do wunnen, wäerte geséichert ginn.

Zweetens: Zousätzlech zu geschützte Gebidder wäerten 30 % vun de beschiedegten Ökosystemer um Land an um Mier bis 2030 restauréiert ginn.

Drëttens: Mënschlech induzéiert Ausstierwe vu bekannten menacéierten Aarte muss gestoppt ginn.

Véiertens: Den Input vun iwwerschëssegen Nährstoffen an d'Ëmwelt an d'Risiko vu Pestiziden an héichgefährleche Chemikalie wäerte bis 2030 halbéiert musse ginn.

Fënneftens: Landwirtschaft, Fëscherei a Bëscher mussen nohaltege geréiert ginn an den nohaltege Gebrauch vun der Biodiversitéit garantéiert ginn.

Sechstens: D'Liewensmëttelverschwendung soll halbéiert ginn.

A siwents – last but not least – muss den ökologesche Foussofdruck reduzéiert ginn.

Ganz wichteg ass eng verbessert Ëmsetzung an der Iwwerwaachung, e bësse wéi am Klimadossier: E System gëtt agericht fir sécherzustellen, dass déi nei Ziler effektiv op nationalem Niveau ëmgesat ginn.

All Land verpflichtet sech, a senger nationaler Biodiversitätsstrategie ze definéieren, wéi et zum Erreeche vun de globalen Ziler bäidréit. Zu Lëtzebuerg gëtt dat duerch den nationale Plang fir den Naturschutz, de PNPN, erreecht; och deen ass schonn erwänt ginn.

Fir déi néideg Iwwerwaachung ze garantéieren, ginn eenheetlech Indicateuren, déi fir all Länner gëllen, opgestallt, an dëst mécht d'Ëmsetzbarkeit och verifizierbar. D'national Berichter gi benotzt, fir reegelméisseg ze kontrolléieren, ob genuch Efforte gemaach ginn, fir déi global Ziler ze erreechen.

Mee och d'Finanzéierung ass kruzial: Fir d'Ëmsetzung vum globalen Accord ze ënnerstëtzen an eng kohärent Mobiliséierung vun zousätzleche Finanzstréim ze garantéieren, gëtt en neie Fong fir de Global Biodiversity Framework geschaf. Dësen historeschen Accord ass vläicht manner ambitiéis, ewéi vu Verschiedene gehofft – et hätt ee sech zum Beispill méi quantitativ Ziler kënnen erwaarden –, mee d'Resultat léisst sech trotzdem weisen, well um Schluss awer e staarke Kader entstanden ass, op deem zukünfteg Efforte kënnen opbauen.

National wëlle mir dësen Accord konsequent ëmsetzen. Wéi schonn erwänt, geschitt déi national Ëmsetzung vun dese weltwäiten Ziler am Kader vum nationalen Naturschutzplang, vun deem déi drëtt Versioun, de sougenannte „PNPN3“, an de vergaangene Wochen an der Consultationsphas war. Momentan hu mir eng quasi finaliséiert Versioun virleien, bei där nach allerlescht Adaptatiounen virgeholl ginn, an ufangs 2023 wäert ech dem Regierungsrat dese PNPN3 fir d'Approbation virleeën.

Wéi scho méi oft ugedeit, geschitt de weltwäiten Aarteschwund net nëmme am Tropebësch, op Inseln oder op de Polarkappen, den Aarteschwund ass heiheem och nogewisen an eisen ökologesche Foussofdruck hei zu Lëtzebuerg ass och enorm. Mir müssen eis Verantwortung eescht huelen a mat dem Gedanken, eis solidaresch un de weltwäite Bestriewungen ze bedeelegen, och heiheem déi wichteg Ziler ëmsetzen!

Merci fir d'Nolauscheren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Ëmweltministesch.

4. 7995 – Projet de loi relative à la qualité des eaux destinées à la consommation humaine et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7995 iwwert d'Qualitéit vum Drénkwaasser. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här Gusty Graas, d'Madamm Cécile Hemmen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapporteuse vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Jessie Thill. Madamm Thill, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

Mme Jessie Thill (déi gréng), rapportrice | Här Président, Madamm Ministesch, léif Kolleeginnen a Kolleegen, onst Krunnewaasser, onst Drénkwaasser ass ons wichtigst Ressource, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn. Fir dës besser ze schützen, transposéiere mir mat dësem Projet de loi 7995 iwwert d'Qualitéit vum Waasser fir d'mënschlech Consommation, deen

d'Waassergesetz vun 2008 modifizéiert, d'EU-Direktiv 2020/2184 pile am Delai an d'nationaalt Recht.

Mat dësem Gesetz schrauwe mir d'Qualitätsstandard fir d'Drénkwaasser weider erop, setze verstärkt op Preventioun a Risikomanagement bei eisen Drénkwaasserinfrastrukturen, maachen d'Krunnewaasser méi accessibel am öffentliche Raum a stäerken de Bierger/innen hiert Vertrauen an d'Waasser, ...

Une voix | De Bierger och!

Mme Jessie Thill (déi gréng), rapportrice | ... soudatt an Zukunft nach méi Leit nach méi proppert Waasser vum Krunn kënnen drénken.

Zu Lëtzebuerg hu mir haut schonn immens gutt Drénkwaasser. Eist Krunnewaasser gëtt op 48 cheemesch a bakteriologesch Eegenschaften duerch d'Waassersyndikater, de Staat an d'Gemeenge kontrolléiert. Insgesamt ginn alljoers 12.000 Analysen a Kontrollen duerchgefouert, ongeféier dräi Kontrollen den Dag. Kee Liewensmëttel gëtt esou streng kontrolléiert ewéi onst Krunnewaasser!

Dofir ass et och richtig, dass an de leschte Joren d'Vertrauen an d'Drénkwaasser zu Lëtzebuerg immens geklommen ass. Wou an enger Ëmfrö viru 16 Joer nach 60 % vun de befrögte Bierger/innen gesot hunn, si géifen ni Krunnewaasser drénken, huet an enger Ëmfrö virun zwee Joer ongeféier de selwechte Pourcentage gesot, si géifen es all Dag drénken. Dat ass eng immens Verbesserung, mee et bleift nach Sputt no uewen. Dofir musse mir déi Tendenz also weider stäerken, an dat maache mir mat dësem Projet de loi.

Une voix | Très bien!

Mme Jessie Thill (déi gréng), rapportrice | D'aktuell Norme sinn am Règlement grand-ducal vun 2002 iwwert d'Qualitéit vum Waasser fir d'mënschlech Consommation festgehalen. Dëse Règlement grand-ducal gëtt abrogéiert, mee seng Grondstruktur gëtt grosso modo iwwerholl, verschidde Saache gi verbessert an d'Bestëmmungen den aktuellen Ëmstänn ugepasst.

Zu den Hauptmodifikatiounen vun dësem Projet de loi: D'Qualitätsnorme fir Drénkwaasser gi weider verstärkt, dëst no de leschte wëssenschaftlechen Erkenntnisser, an dat dréit neie Pollutionssourcë Rechnung. Dës Norme berouen um Principe de précaution a garantéieren, dass d'Waasser ouni Gefor gedronk ka ginn.

Eng Rei nei Parameteren, ewéi per- a polyfluoréiert Alkyler, cheemesch Produiten, déi a Consommations- an Industrieprodukte ewéi Textilien, Läschaum, Faarwen a sou weider benotzt ginn, gi mat op d'Lëscht gesat mat de Substanzen, op déi eist Waasser getest gëtt. Doriwwer eraus gëtt eng Liste de vigilance agefouert, déi Stoffe a Verbindungen ofdeckt, déi Ulass ginn zu gesondheetlecher Besuegnis. Op dëser Lëscht stinn aktuell zwou Moleküllen wéinst hire stéierende Eegenschafte fir den Hormonsystem a Risike fir d'mënschlech Gesondheet.

De Projet de loi féiert en ëmfaassende risikobaséierten Usaz bei der Drénkwaassersécherheet, deen déi ganz Liwwerkette matabezitt, vun der Drénkwaasserschutzon iwwert de Prelevement, den Traitement, d'Späicherung bis zur Verdeelung. Et gëtt also eng Approche gewielt, fir d'Risike vun Ufank un ze minimiséieren.

Déi Approche füügt sech harmonesch an eis bestoend Nationalpolitik am Waasserberäich an, eng Politik, déi de Fokus op d'Preventioun an den Opbau vun enger Drénkwaasserschutzkultur setzt. Dat ass essentiell aus ökologescher, mee och ekonomescher Siicht: D'Opbereedung vu verschmotztem Waasser kascht d'Gesellschaft méi ewéi de Schutz vum Waasser.

Haut sinn dank dëser Politik iwwer 80 % vun eise Captagë geschützt. Trotzdeem bleift d'Pollutioun vum Waasser eng Realitéit! D'Zuelen aus enger QP vu mengem Fraktiounskolleg François Benoy vun deem Joer illustréieren de Problem vun der Pollutioun ganz gutt: Eng 100 Captagë sinn haut ausser Betrib respektiv hiert d'Waasser muss traitéiert ginn, well d'Waasser den Normen net entsprécht. Dat ass Waasser fir 65.000 Leit, also etwa 13 Milliounen Liter den Dag. Dat weist, ewéi wichteg et ass, dass mir potenziell Risiko fir d'Verschmutzung vu Waasser erkennen.

Et gëtt bei deem risikobaséierten Usaz dräi Niveaueen.

Éischstens: D'Risikobewäertung an de Risikomanagement um Niveau vun de Schutzzonen, déi vun de Waasserfournisseure gemaach mussen ginn, mat enger Identifizierung a Bewäertung vun de Geforen ewéi och der Iwwerwaachung vun enger Rei relevante Parametere, Substanzen a Schuedstoff.

Zweetens: Um Niveau vum Versuergeresystem, dat heescht vum Prélèvement, dem Traitement, der Späicherung bis zur Verdeelung vum Drénkwaasser. D'Waasserversuerger mussen eng Bewäertung vun der Leeschtung vum Reseau maachen ewéi och d'Detektioun vu Fuitten.

Drëttens: Um Niveau vun de Verdeelungsinstallatiounen, déi vun der Waasserverwaltung an der Direction de la Santé gemaach ginn, geet et ënner anerem ëm Preventioun vu Legionellen a Bläiexpositionen.

Mat deem Projet de loi ginn och d'Ufuerderungen u Materialien, déi mat Drénkwaasser während dem ganzen Zyklus a Kontakt kommen, op europäeschem Niveau harmoniséiert. D'Refonte vun der Direktiv 2020/2184 ass och zum Deel zrëckgaangen op eng europäesch Biergerinitiativ, „Right2Water“, déi d'Europäesch Kommissioun dozou opgeruff hat, d'Mënscherecht op den universellen Accès op d'Waasser vollstänneg ëmzesetzen, an 1,6 Milliounen Ënnerschrëfte gesammelt hat. Eng vun de Suite vum dëser Biergerinitiativ ass also, dass d'Direktiv – an dëse Projet de loi och – Mesurë fir den Zougang zu Waasser fir all Mënsch aféiert, besonnesch fir déi vulnerabel a marginaliséiert Mënschen an eiser Gesellschaft.

Doriwwer eraus soll dëse Projet de loi de Gebrauch vu Krunnewaasser als Drénkwaasser fërderen, dofir mussen de Staat an d'Gemenge bis spéitstens den 1. Januar 2029 Waasserspenderen am ëffentlechen Raum opstellen.

Weider geplangte Moosname sinn ënner anerem de Lancement vu Campagnen zur Qualitéit vum Leitungswaasser, der Fëderung vum Krunnewaasser fir Clienten a Restauranten, Kantinen oder anere Gastronomiebetrieber oder d'Zurverfügungstellung vu Krunnewaasser an den Administratiounen an ëffentleche Gebaier.

D'Diskussioun ëm den Accès zu Krunnewaasser – méi spezifesch an der Restauratioun – gëtt och zu Lëtzebuerg scho méi laang gefouert. Ugekuert gouf dës Diskussioun weider duerch d'Petitioun Nummer 1319 iwwert d'Recht op Leitungswaasser an der Gastronomie fir Clienten, déi et wënschen, sou wéi et schonn an anere Länner de Fall ass.

Am ëffentlechen Debat zu dëser Petitioun hat de Mëttelstandsminister annoncéiert, dass e Sensibiliséierungsprojet innerhalb vum Horeca fir d'Bereetstellung vu Karaffe mat Krunnewaasser fir Clienten géif gemaach ginn. Duerno, nottament an enger jointe Kommissioun mat der Mëttelstands- an Tourismuskommissioun, ass de Mëttelstandsminister weider op de Sensibiliséierungsprojet agaangen an op d'Testphas, déi mat 50 fräiwëllege Betrieber uleef. An dëser

Diskussioun hunn eenzel Deputéiert och gesot, dass se sech kéinte virstellen, hei nach méi wäit ze goen.

Zousätzlech gesäit dëse Projet de loi vir, dass insgesamt méi transparent iwwert d'Waasser, seng Qualitéit an awer och säi Präis kommunizéiert gëtt. Waasserfuitten iwwert de Reseau sinn eng onnéideg Verschwendung an och meeschtens e Symptom vun net genuch Invest an d'Infrastruktur. Dëse Projet de loi stäerkt elo d'Iwwerwaachung vun de Fuitten am Reseau, andeems en d'Fournisseure verflucht, mindestens eemol am Joer de Grad vun de Fuitten ze evaluéieren an dës der Waasserverwaltung matzedeelen.

Mam Projet de loi kritt och de Certificat d'excellence, den „Drëps“, eng gesetzlech Basis an e gëtt an engem aktualiséiert, fir nottament de Risikomanagementmesurë Rechnung ze droen.

Zu den Avisen: De Staatsrot hat a sengem éischten Avis eng Rei Oppositions formelles formuléiert, nottament well verschidde Passagen aus der Direktiv inkomplett transposéiert goufen oder wéinst de juristeschen Onsécherheeten, zum Beispill wat d'Konditioun ugeet, ënnert deenen den „Drëps“-Certificat kann zrëckgezu ginn, oder d'Definitioun vun den Outilen, mat deenen d'Iwwerwaachung vum Waasser kann duerchgefouert ginn. Dëse gouf mat Amendements parlementaires Rechnung gedroen, an a sengem zousätzlechen Avis vum 29. November konnt de Staatsrot seng Oppositions formelles ophiewen.

De Syvicol huet den 10. Oktober en éischten Avis ofginn, an deem se begrëssen, am Virfeld vum Depot vum Projet de loi consultéiert ginn ze sinn an dass schonn am Virfeld enger Partie vun hiren Observatiounen Rechnung gedroe gouf. Allerdéngs haten och si eng Rei Remarken, déi si och an hirem Avis complémentaire nach eng Kéier ënnerstrach hunn. Si hunn nottament kritiséiert, dass d'Fournisseure obligéiert ginn, Outile vun der Waasserverwaltung ze notze fir d'Iwwerwaachung vun den indikative Parametere, a fuerderen en Aarbechtsgrupp.

D'Associatioun vun de Lëtzebuergesche Waasserservicer, d'ALUSEAU, an d'Handelskummer hu béid och en Avis eraginn. Fir den Detail verweisen ech hei op mäi schrëftleche Rapport.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bleift ze soen: De Projet de loi gouf de 26. Abrëll vun der Ëmweltministesch deposéiert, den 22. Juli koom den Avis vum Staatsrot, den 28. September gouf ech selwer zur Rapportrice genannt an an der selwechter Kommissiounssitzung goufen eng Rei Amendements parlementaires adoptéiert. Den 29. November koom den Avis complémentaire vum Staatsrot, deen dunn den 2. Dezember an onser Kommissioun diskutéiert gouf, woubäi och mäi schrëftleche Rapport ugeholl gouf.

Mat deem Projet de loi huele mir also eng Rei Mesuren, déi d'Qualitéit vum Drénkwaasser zu Lëtzebuerg an den Zougang zu Krunnewaasser weider verbessern, d'Preventioun weider stäerkt, esoudass mer verënneren, dass et iwwerhaapt zu Pollutiounen kënnt. Dës stäerkt de Schutz vun eisem Drénkwaasser, der wichtegster Ressource, déi mer hunn.

Et bleift mer nach, den Accord ze gi vun der grénger Fraktioun, an e Merci fir d'Nolauschten.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Jessie Thill.

An als éischten ageschriwwene Riedner steet den Här Aly Kaes scho prett. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Aly Kaes (CSV) | Sou. Merci, Här President, fir d'Wuert, merci der Rapportrice fir all déi Explikatiounen a schrëftlecher an a mëndlecher Form ze deem

Projet de loi. Ech sinn absolutt mat der Rapportrice d'accord, dass et ganz wichteg ass, dass mer eng beschtméiglech Qualitéit vum Drénkwaasser hunn, a mir sollen alles drusetzen, fir déi Qualitéit nach ze verbessern, iwwerhaapt fir eng Diskussioun ... An do ass d'CSV ganz kloer der Meenung, dass een dat nach méi wéi bis elo soll ënnerstëtzen.

Dee Projet, dee mer elo maachen oder dee mer a sech ëmsetzen, ass eng Direktiv, déi virun allem fënnf Objektivier huet. An an deene fënnf Objektivier sinn eng ganz Rei Elementer festgehalen, déi d'Rapportrice elo scho genannt huet, duerfir brauch ech se net nach eng Kéier ze widderhuelen. Ech wëll awer ganz kloer soen – a si huet virun allem gesot –: Mir mussen alles maachen, fir dass d'Leit et nach méi einfach hunn, zu genuch Drénkwaasser an zu Qualitéitsdrénkwaasser ze kommen.

Jo, dass ass alles richteg, dass ass alles gutt, mee et muss een awer och da ganz kloer soen, dass d'Konditiounen fir jiddereen awer mussen d'selwecht sinn an net ...

Une voix | Très bien!

M. Aly Kaes (CSV) | ... Inegalitéiten, enorm Inegalitéiten, bestinn an déi Inegalitéiten ëmmer méi grouss ginn!

Et huet mer u sech immens gefall, dass grad d'Madamm Oberweis gëschter och dat gebraucht huet fir ze soen: Voilà, mir mussen alles drusetzen, dass déi méi Schwaach a bestëmmte Beräicher genau sou behandelt gi wéi déi méi Staark an eiser Gesellschaft. An ech mengen, grad d'Waasser, dat Wichtegst, wat ee brauch fir ze liewen, fällt ganz sécher dodrënner. Ech muss och op dëser Plaz soen, well Dir kennt jo alleguer mäin Dada: Mäin Dada ass en Eenheitswaasserpräis an ...

(Brouhaha)

Plusieurs voix | Al!

M. Aly Kaes (CSV) | ... ech mengen, dass den Eenheitswaasserpräis ... Et ass ee vu mengen Dadaen, Här Di Bartolomeo, et ass ee vu mengen Dadaen, mee et ass awer e ganz wichtege. Op jidde Fall ass et esou, ...

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

... dass den Eenheitswaasserpräis méi wéi jee berechtigt ass a muss kommen – muss kommen! –, aus deem ganz einfache Grond, well den Ënnerschied tëscht dem ländlechen an dem urbane Raum ëmmer erëm méi grouss gëtt. An ech war angeneem iwwerrascht – ech muss dat duerfir och erwänen an e Merci soen –: Wéi ech dat an der Kommissioun gesot hunn, du war spontan den Här Carlo Weber, dee sech d'Wuert gefrot huet fir ze soen: „A, dat wat den Aly seet, dat kann ech nëmmen ënnerstëtzen! Hie weess och am beschten, wat dat heescht, wann ech an enger Gemeng sinn, déi am ländlechen Raum ass an déi flächeméiseg déi gréisst am Land ass.“ Also all Respekt, an ech kann nëmme soen: Felicitatiounen fir dee Courage, dat an der Kommissioun an där Form esou kloer ze soen!

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Ech kann nëmmen nach eng Kéier hei kloer an dait-lech soen, ...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Très bien!

(Brouhaha)

M. Aly Kaes (CSV) | ... mir wäerten och elo als CSV, eng Motioun deponéieren, an där mer d'Regierung opfuerderen, genau an déi Richtung ze schaffen, dass mer e Prix unique kréien, sou gutt am Waasser wéi am Ofwaasser, an ech sinn iwwerzeegt, dass déi

à l'unanimité wäert votéiert ginn, well alles dat, wat mir hei soen iwwert d'Solidaritéit an iwwert d'Entgéintkommen an iwwert d'Inegalitéiten, déi bestinn, alles dat kënne mer mindestens an deem do Beräich ewechwätschen an an deem do Beräich eliminéieren, wa mer wierklech en nationalen Eenheitswaasserpräis kréien. A wann ech „Eenheitswaasserpräis“ soen, da soen ech natierlech „Drénkwaasser“, dat heescht, do wou ech der Natur d'Waasser huele bis do wou ech – un d'Ofwaasser denken ech natierlech och – der Natur d'Waasser zrëckginn.

Une voix | Très bien!

M. Aly Kaes (CSV) | Ben, just, fir dat ze soen: Grad d'Ofwaasser gëtt an deene leschte Joren, wa mer do nach weider an déi gutt Richtung ginn, ëmmer méi deier, fir dat ze entsueren. An dat kascht eng Fortune an de ländleche Regiounen! Dat kascht ëmmer eng Fortune, mee grad besonnesch an de ländleche Regiounen kascht et zweemol eng Fortune, a mir mussen alles drusetzen, fir, wéi gesot, och an de ländleche Regiounen, an deene Gemengen, wou mer jo net solle sou séier evoluéieren, mer awer déi selwecht Infrastrukturen hunn, déi selwecht Kilometeren u Kanäl, déi selwecht Kilometeren u Waasserleitungen, sou vill Pompelstationen, sou vill Bassin-d'oragen a sou weider an esou virun – ech wëll net all verschidde Bauwierker opzielen – an natierlech och Waasserleitungen an erëm eng Kéier Pompelstationen.

Alles dat ass definitiv net méi fir ländleche Gemengen ze schëlleren, dat muss ee ganz kloer soen. An duerfir wëll ech och déi Motioun hei deposéieren am Numm vun der CSV, fir dat doen ze ënnersträichen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

– *considérant que l'eau potable constitue un droit humain d'après une initiative citoyenne européenne ;*

– *considérant que la distribution de l'eau potable de qualité à un coût de revient considérable auquel s'ajoute celui de l'assainissement ;*

– *constatant des différences importantes du coût de l'eau entre les communes en milieu rural et celles en tissu urbain ;*

– *considérant que ces différences créent des injustices et des inégalités entre les citoyens des différentes communes ;*

– *rappelant son attachement au principe de solidarité en la matière,*

invite le Gouvernement

– *à assurer sur le plan national la mise en place d'un système d'approvisionnement en eau potable et de gestion des eaux résiduaires débouchant sur un prix unique de l'eau.*

(s.) *Aly Kaes, Paul Galles, Martine Hansen, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf.*

A gleeft mer es: Wa mer dat doten hikréien, dann hu mer e grouss Stéck Solidaritéit an deem Land hei realiséiert!

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kaes. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha)

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President, ech géif jo gären dem Här Aly Kaes elo hei äntwerten, ech sinn awer zumindest verwonnert, datt am Numm vun der ganzer CSV hei déi Motioun deposéiert gëtt.

Une voix | Jo.

Une autre voix | Mir och.

M. Gusty Graas (DP) | Ganz verwonnert!

Plusieurs voix | Mir och.

M. Gusty Graas (DP) | Awer wierklech.

Une voix | Et muss een och soen, wat dat heescht!

M. Gusty Graas (DP) | Ech kéint Iech awer och eng Rei Leit hei opzielen, ...

Une voix | Si haten och Inneministeren.

M. Gusty Graas (DP) | ... déi net onbedéngt och heibanne sëtzen, déi awer mat Sécherheet net Ärer Meinung sinn. Mee ech mengen, et geet jo elo haut net doréms, et geet em eppes ganz anescht.

(Interruption)

Nee, et geet och net em d'Fësch. Bon, ech mengen, et gëtt jo ...

(Brouhaha et hilarité)

... eng klassesch Ausso: „Ouni Waasser kee Liewen.“ Dat klängt e bëssen, jo, e bëssen ofgedrosch, mee trotzdem ass awer ganz vill do derhannert. Ech wëll och drun erënneren, datt schonn de griichesche Philosoph, den Thales von Milet, gesot huet: „De Prinzip vum alle Saachen ass d'Waasser. D'Waasser ass alles, an d'Waasser kënnt alles zrëck.“ An dach kréie mer leider all Dag Beispiller geliiwert, datt mir Mënschen net genuch héije Respekt vis-à-vis vum Drénkwaasser hunn. Mir sinn eis dem Stellewäert vum dem Waasser oft net genuch bewosst. A wa mer elo mol d'Qualitéit huelen – ech schwätzen elo mol reng da vun eise Gewässer hei zu Lëtzebuerg –, do brauche mir eis guer net ze bretzen, well d'Qualitéit vun eise Gewässer insgesamt hei zu Lëtzebuerg ass mëttelméisseg bis schlecht. Woubäi ech nach éischter géif soen, schlecht!

Wat awer elo d'Drénkwaasser ubelaangt, do muss een awer ganz éierlech sinn, do sinn an deene leschte Joerzénge, an ech wëll dat wierklech betounen, ganz vill Efforte gemaach ginn. Mir kënnen eis glécklech schätzen, datt mer hei zu Lëtzebuerg eng héich Qualitéit vun Drénkwaasser hunn, an dat ass och gutt esou. Mee datt wëllt awer net heeschen, datt mer net mussen zousätzlech ëmmer erëm Efforte maachen, fir op deem Niveau weiderhin Drénkwaasser kënnen ze liwweren.

Mir hunn och hei eng Rei Projeten an deene leschte Jore gestëmmt, déi dozou bäigedroen hunn. Dee Leschten, un deen ech hei wëll erënneren, dat ass dee vun SEBES, e ganz wichteg Projet, deen derzou bäigedroen huet an dat wäert derzou bäidroen, datt d'Drénkwaasserqualitéit net nëmme garantéiert ass, mee datt och d'Drénkwaasserversuergung an deenen nächste Jore respektiv Joerzénge hei zu Lëtzebuerg wäert séchergestallt sinn. Dat war den 20. Mee 2021. Awer, wéi gesot, mir hunn trotzdem nach ganz grouss Erausforderunge virun eis.

Haut ass et ouni Zweifel e wichteg Gesetz, wat mer stëmmen, quitte datt et eng Transposition ass vun enger europäescher Direktiv, mee si dréit derzou bäi, datt d'Qualitéit vum Drénkwaasser och an Zukunft wäert hei zu Lëtzebuerg garantéiert sinn.

Et ass keng nei Erkenntnis, ech mengen, et kommen ëmmer erëm zousätzlech cheemesch Produkter op de Maart; mir wëssen, datt dat och eng Inzidenz op d'Qualitéit vun eise Drénkwaasser huet. An dësem Gesetz ass jo och virgesinn, déi radioaktiv Substanze méi genee ënnert d'Lupp ze huelen. Et ass also wichteg, datt dagdeeglech Kontrolle gemaach ginn. An d'Madamm Thill, där ech och wëll Merci soe fir hire ganz gudd Rapport, huet jo dro higewisen, datt eng

12.000 Kontrollen hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Dat ass eppes, op dat mer ouni Zweifel kënnen houerfreg sinn, wat awer och eng Noutwendegkeet ass.

Ech wëll och virun allem déi Liste de vigilance hei begrëssen, déi ëmmer erëm am Fong geholl drop hiweist, datt mer mussen immens Efforte maachen, datt och virun allem effikass Kontrolle musse gemaach ginn.

Wa mer vu Kontrolle schwätzen, da brauche mer natierlech och déi noutwendeg Kontrollinstrumenter. Ech denken hei virun allem eeben, wéi gesot, och un d'Material. An dowéinst ass et wichteg, datt mer do och immens investéieren.

Spéitstens den 12. Juli 2027 soll elo eng Evaluatioun vun deenen Zone gemaach ginn, wou d'Drénkwaasser gewonne gëtt. Ech muss éierlech soen: Iwwert deen Datum kann een awer gedeelter Meinung sinn! Ech fannen, datt deen Datum nach vill ze vill wäit ewech ass. Mir sollten haut schonn ufänken, déi Efforten ze maachen. Mir sollte reegelméisseg, wéi gesot, déi Kontrolle maachen, well d'Waasser – d'Drénkwaasser virun allem! – ass eppes extreem Sensibelen. An et si jo vill Gemengevertrieder heibannen, an et wäert wuel kaum eng Gemeng heibanne sinn, déi net och scho Problemer mat hirem Drénkwaasser hat. A mir wëssen, datt dat vun enger Stonn op déi aner kann immens änneren. An dowéinst ass et also wichteg, datt mer dagdeeglech en Aen op d'Drénkwaasser hunn.

Da ginn am Fong geholl och d'Gemengen oder d'Fournisseure vum Drénkwaasser – dat si jo an éischter Linn d'Gemenge respektiv d'Gemengesyndikater – drop higewisen, dass se sollen e sougenannten „Aktionsprogramm“ opstellen. Jo, do kann ee ganz kloer derhannert stoen. Mee ech wëll awer och soen, datt déi oft net an der Lag sinn, déi Aktionsprogrammer ëmzesetzen. Mir brauchen also hei och d'Ennerstëtzung vun de staatlechen Instanzen, an natierlech an éischter Linn vum Waasserwirtschaftsamt.

50 % vun eise Drénkwaasser kënnt jo haut nach ëmmer aus Quellen. An da si mer natierlech ganz séier beim Quellschutz. Mir wëssen, datt mer do ganz grouss Problemer hunn. Ech wëll och hei ënnersträichen, datt natierlech an deene leschte Joerzénge eng Rei Efforte gemaach goufen, mee nach ëmmer net genuch. Da wiere mer natierlech och séier bei der Diskussioun iwwert d'Landwirtschaft. Déi soll een hei elo net verdéiwen, mee et ass awer trotzdem en Element, wat een net kann einfach ignoréieren. Mir hunn nach wie vor Problemer mat enger ganzer Rei vu Quellen. De Quellschutz ass also extreem wichteg a muss also an Zukunft ouni Zweifel nach méi verdéift ginn.

Dann ass jo och virgesinn, datt méi en Akzent soll op den Approvisionnement (veuillez lire: d'Verbesserung) vum Drénkwaasserschutz geluecht ginn. Dat ass ganz evident. An da si mer och séier bei de Fuitten. Och do muss ee ganz éierlech sinn, an ech mengen, och déi éierlech Responsablen aus de Gemenge wëssen, datt dat e ganz grouss Problem ass, bei där enger Gemeng méi, bei där anerer Gemeng manner. Mee mir hunn natierlech Problemer mat de Fuitten am Kanalnetz. An och do sinn d'Gemengen natierlech an éischter Linn gefuerdert, fir reegelméisseg hiert Kanalnetz ze iwwerpräiwen an ze kucken, ob net ze vill Fuitten entstinn.

A wa mer schonn iwwer Leitunge schwätzen, och do gëtt et natierlech gewësse Problemer, wat virun allem déi Vetustéit vun den eenzelne Leitungen ubelaangt. Och do sinn d'Gemenge gefuerdert, fir permanent hiert Kanalnetz ze iwwerpräiwen.

An deem Gesetz hei gëtt jo dann och iwwert den Accès zum Drénkwaasser geschwat. Jo, dat ass e

wichtegt Element, woubäi ech mengen, datt een awer muss ganz éierlech soen: Dat ass elo e Problem, dee mir hei zu Lëtzebuerg manner kennen! Et kann net sinn, datt hei zu Lëtzebuerg nach Persounen net sollten Accès zu anstännegem Drénkwaasser hunn! Ech mengen, dat gëllt éischter fir aner Regiounen. Mee trotzdem, och do musse mer drop hiweisen, datt et wichteg ass, datt all Mënsch hei zu Lëtzebuerg Accès zum normalen Drénkwaasser huet.

An da gëtt jo och hei am Fong geholl suggeréiert, datt d'Gemenge misste sougenannten „Drénkwaasserspender“ opstellen. Bon, ech muss awer éierlech soen, dat ass awer näischt Neits. Also, ech kennen zumindest eng Gemeng, an et sinn der mat Sécherheet nach heibannen, déi dat schonn zënter Jore maachen, wat eng Selbstverständlechkeet ass. Duerfir muss een dat net onbedéngt an engem Gesetz zréckbehalen, fir datt d'Gemengen nach sollen opgefuerdert ginn, fir hei Drénkwaasserspenderen ze installéieren, wat fir mech jiddfalls eng Selbstverständlechkeet wier.

(Interruption par la présidence)

Ofschléissend, wéi gesot, ass dat heiten e ganz wichtegt Gesetz. Ech ginn awer ganz gären zou: Wann een d'Lektür vun deem Text mécht, dat wëll ech ënnersträichen, ass dat als Laien net esou evident! Ech mengen, hei beweege mer eis ganz séier am Beräich vu Spezialisten. Mee et ass awer wichteg, datt mer esou e Gesetz hei zréckbehalen. Et geet hei ëm d'Qualitéit vun eisem Drénkwaasser, an do hu mer ouni Zweifel all Dag eng ganz wichteg Aufgab ze erfüllen.

Dowéinst wëll ech och am Numm vun der Demokratescher Partei hei ënnersträichen, datt et interessant ass, datt et wichteg ass, datt mer d'Gesetz haut hei stëmmen, well den Drénkwaasserschutz ass eppes Elementares. Oft gëtt dat leider ënnerschat dobaussen. Mir mussen zousätzlech Efforte maachen.

(Interruption par la présidence)

An dat Gesetz dréit derzou bäi, datt och an Zukunft den Drénkwaasserschutz hei zu Lëtzebuerg garantéiert ass.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Jo, merci, Här President. A virop emol direkt e grouse Merci un d'Madamm Jessie Thill, si huet dëse Gesetzesprojet wirklech an all Detail gutt erkläert.

Et ass eng Firma hei zu Lëtzebuerg, déi Reklamm mécht mat hirem Quellewaasser a seet, et wär d'Waasser vum Liewen. Bon, ech sinn e bësse wéi den Här Graas an ech géif et vläicht dann éischter e bësse mat Philosophen halen, déi soen: „D'Waasser ass d'Liewen. Et gëtt kee Liewen ouni Waasser.“ A wa mir hei déi Direktiv, déi europäesch Direktiv, ëmsetzen zu Lëtzebuerg, dann ass dat, fir natierlech jiddwerengem deen Accès ze garantéieren. An dat ass wichteg a gutt an dat wäerte mir selbstverständlech matstëmmen.

Och ech sinn e bësse verwonnert, dass ëmmer erëm déi Diskussioun hei opgeworf gëtt iwwert den eenheetleche Waasserpriis. An ech mengen, grad elo an dëser Zäit, wou jo awer d'Energie, spréich Elektresch, spréich Gas, spréich Masutt an esou weider, wou dat wirklech de Moment grouss an der Diskussioun ass, wou dat eng ganz grouss Importenz kritt huet, hunn

d'Leit och wirklech de Wäert vum Waasser erkannt. An et ass net de Moment, fir elo iwwert d'Priisser ze diskutéieren, wou ee sech wirklech d'Fro ka stellen, wien am Endeffekt Gagnant wäert sinn a wou et bestëmmt och eng ganz Partie Gemenge géif ginn, wou de Waasserpriis dann och géif an d'Luucht goen. An ech mengen, dat ass jo genee dat, wat mer de Leit de Moment net wënschen.

Ech wëlt awer net ophalen, ouni ze rappeléieren, dass et awer op der Welt ëmmerhin nach 663 Milliounen Leit gëtt, déi keen Accès hunn op proppert Drénkwaasser. An ech wëlt rappeléieren, dass mer et effektiv hei mat engem Mënscherecht ze dinn hunn. Vergiesse mer dat net! Mee dass mer et hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen, ass elo mol eng gutt Saach. Dat anert dierf net vergiesse ginn, a mer mussen och an déi Richtung schaffen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Hemmen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci fir de Rapport.

Ech wëllt just vläicht e puer Commentairë maachen. Dat éischt ass: Virun e puer Deeg, mengen ech, ass eng Etüd publizéiert ginn, datt d'Drénkwaasser dacks besser ass wéi dat Waasser, wat een a Flaschen ze kafe kritt. An dat, mengen ech, ass och eppes ganz Interessantes, well vill Leit hunn de Reflex, an de Supermarché ze goen an do Waasserfläschchen ze kafen, vun deenen ënnerschiddlechste Marken, woubäi se doheem zu engem Präis, dee weesentlech manner héich ass, dacks Waasser hunn, wat eng besser Qualitéit huet. Also dat ass natierlech jidderengem iwwerlooss, mee ech mengen, et sollt ee Vertrauen an d'Drénkwaasser hunn, wat aus dem Krunn kënnt.

Mee ech wëlt awer elo och profitéieren, fir eng oder zwou Froen ze stellen. Viru Kuerzem, och e bëssen am Kader Aménagement du territoire an esou weider, hat den Här Minister Turmes, dee jo och elo hei bei eis ass, an de Raum gestallt, datt mer jo geschwé kéinten iwwer eng Millioun Awunner hunn. Et ass jo nach, wann ech hie richtig verstanen hunn – e kann eis dat herno soen –, Plaz do fir op d'mannst 300.000 Leit, an dat alles an engem Zäithorizont, deen ee kann iwwerkucken. D'Fro ass: Wou kréie mer dat Waasser hier?

Mir hunn net esou vill Quellen am Land. Et gëtt elo dervu geschwat, datt mer d'Drénkwaasser aus der Musel huelen. Dat gëtt opbereet. Gutt, dat ass méiglech, aner Länner maachen dat och. Mee et stellt natierlech erëm ganz vill Erausforderungen, souwuel un de Verdeelersystem wéi och, fir dat Waasser propper ze halen an esou weider. Dat heescht, wéi ass dat geduecht, deen Eng-Millioun-a-méi-Awunner-Staat, deen awer elo hei vun der Regierungssäit envisagéiert gëtt? Wéi ass do d'Waasserversuergung?

Dobäi hu mer jo eng ganz Rei industriell Projeten am Land. Mir hu schonn ee groussen net realiséiert, ënner anerem mam Waasserargument. Wann Der Iech erënnert, do war d'Diskussioun jo, datt dat eng Fabrick ass, déi esou vill Waasser wéi Diddeleng oder Beetebuerg oder béides zesumme brauch, ech weess et net méi. Op jidde Fall ass dee Projet net realiséiert ginn. Elo hu mer aner industriell Projeten, wéi Google, vun deem een näischt méi héiert, wou een och en héijen Drénkwaasserverbrauch muss viraussetzen. Dofir, och do wier d'Fro un d'Regierung:

Wéi ass et da mat esou industrielle Projeten an dem Drénkwaasserverbrauch? An och speziell da mat Google, wou si mer do drun?

Fuitten, Kläranlagen, dat ass ganz kloer, an ech muss soen, den Här Kaes huet do e Punkt, dat dierf een net klengschwätzen! Mir hunn eng ganz Rei ländlech Gemengen, grouss Gemengen, mat Kilometere vu Leitungen, déi mussen an der Rei gehale ginn, déi mussen kontrolléiert ginn, déi mussen eng héich Qualitéit hunn. A mir kënnen déi ländlech Gemengen – an ech soen dat ganz kloer, ganz kloer –, am Éislek virun allem, mee och an anere Géigenden, net am Stéch loosse mat deene Käschtfacturen, op deene se am Abléck setzen.

Also, dat ass eng Saach, hei héiert een; och gëschter hu mer déi eng oder aner héiere soen: „Ee Walbezierk hei am Land.“ Mee dat hei ass e Beweis, datt mer net sollen ee Walbezierk hunn, mee datt mer och eng regional Vertriebung an der Chamber brauchen, well wa mer elo hei ee Walbezierk hätten, an et wäert lauter Leit aus dem Süden an dem Zentrum hei an der Chamber, da géife just déi do Problemer net genuch thematiséiert ginn. Den Norden an den Osten, déi si schonn ënnerrepresentéiert, an da géife just Problemer wéi dat do, déi d'Leit am Norden elo speziell treffen, net genuch berücksichtegt ginn. Also, vun eiser Säit aus, mir ginn Iech eis Ennerstëtzung.

Natierlech ass dee Punkt, deen och anerer gemaach hunn – et muss ee kucken, wéi een dat organiséiert, fir dat gerecht ze maachen –, komplett richtig, datt ee muss dorobber opmierksam maachen. An dofir wäert d'ADR och déi Motioun vun der CSV matstëmmen, well dat huet eng symbolesch Bedeitung, mengen ech, déi een awer kloer muss ënnersträichen.

An e leschte Punkt wëlle mer och maachen, wa mer schonn iwwert d'Waasser schwätzen, an och do si mer e bëssen an der Kompetenz vum Här Minister Turmes, an och do kann hien eis Äntwerte ginn. Mir liewen an Zäiten, wou déi eng oder aner Länner aktiv mussen Previsiounen treffen, och mir, och wa mer e bësse manner exposéiert si wéi d'Nopeschlänner, fir e Blackout an der Energieversuergung. Mir haten dat elo, Frankräich ass concernéiert, Däitschland ass concernéiert. Näischt seet, datt mir net concernéiert sinn. Väicht ass de Risiko bei eis statistesch manner héich, wat awer net heescht, datt et net ka geschéien. E statistesch Risiko, deen niddreg ass, ass keng Garantie, datt eppes net geschitt. Dat heescht, och hei kann en energieetesche Blackout duerchaus kommen. An da geet natierlech och viles net, wat mat der Waasserversuergung ze dinn huet. Och dat muss ageplangt sinn. An dowéinst d'Fro un d'Regierung: Wat gëtt gemaach, fir am Fall vun engem Blackout d'Waasserversuergung vun der Populatioun awer kënnen zu all Abléck sécherstellen?

Dat Gesetz hei stëmme mer mat. Mir sinn ëmmer e bësse skeptesch bei penale Sanktiounen, wa mer där aféieren; gutt, dat ass elo net hei eis Haaptconsideratioun. Et huet de Meritt, datt mer kucken, datt mer d'Qualitéit vum Waasser ofsécheren. Awer et gëtt eis och d'Geleeënheet, e kritesche Bléck op d'Waasserversuergung hei am Land ze werfen, wéi gesot, souwuel, wat den demografesche Wuesstum ueget, déi industriell Dimensioun, wéi och d'Situatioun vun de ländleche Gemengen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An da wier et un der honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Här President, dëse Gesetzesprojet setzt eng Reform vun der europäescher Drénkwaasserdirektiv ëm. Déi éischt

Fassung vun dëser Direktiv aus dem Joer 2018 war d'Suite vun der europäescher Biergerinitiativ Right2Water, déi als Éischt esou Initiativ déi néideg Ënnerschrëften erreecht huet, fir dass d'EU-Kommissioun sech huet misse mat der Thematik befaassen.

Déi zentral Fuerderung vun dëser Biergerinitiativ ass a war et, d'Recht op proppert Drénkwaasser an d'europäesche Legislatioun anzuschreiwen. Mir stelle fest, datt dat nach ëmmer net geschitt ass, och net mat der iwwerschaffter Fassung vun Enn 2020, déi mir elo haut mat dësem Gesetzesprojet ëmsetzen. Esou gesäit de Gesetzesprojet zwar vir, dass d'Gemenge gehale sinn, den Accès zu propperem Drénkwaasser fir all Mënsch ze verbesseren an oprechtzeerhalen, mee verbindlech Mesuren, fir datt dat och tatsächlech passéiert, gëtt et keng am Gesetz. Et bleift also bei enger gudder Absicht, mee verbindlech Reegelen, fir den Accès zu propperem Drénkwaasser fir jiddwereen ze garantéieren, gëtt et hei keng.

Interessant natierlech och typesch ass de Pingpong tëschent Gemengen a Staat a Saache Responsabilitéit fir d'Anhale vu bestëmmte Qualitéitskrittäre vum Waasser. D'Gemengenautonomie ass zu Lëtzebuerg déi beschte Excuse ginn, fir mat näischt virunzekommen. Mir gesinn dat jo och am Logement. Mir hu generell e Problem mat dësem Hin an Hier a froen eis och, ob d'Regierung sech d'Saach hei net e bëssen ze einfach mécht. D'Gemenge sinn deelweis kleng a wéineg Leit si beschäftegt, fir sech op déi beschte Aart a Weis ëm d'Problemer ronderëm d'Drénkwaasser ze këmmen. Besonnesch déi 23 Gemengen, déi net Member an engem Waassersyndikat sinn, well se op Quellewaasser zréckgräifen, sinn hei beträff. Si risikéieren, zukünftig och vu Waasserknappheet beträff ze sinn, wa se net un e Syndikat ugeschlöss sinn. Dofir menge mir, datt en Uschléissen un e Syndikat fir all Gemeng misst obligatoresch sinn an déi dofir néideg Investitiounen an d'Infrastruktur méi staark vum Staat sollte gedroe ginn.

Här President, mir begrëssen awer bei dësem Gesetz, dass an den nächste Jore banné wéi baussen op ëffentleche Plazen an a Gebaier mussen Infrastrukture fir d'Accessibilitéit zum Drénkwaasser opgeriicht ginn. Den Accès zu propperem Drénkwaasser a Waasser fir de Sanitär op ëffentleche Plazen, duerch ëffentlech Fournisseuren, ass fir eis eng wichteg Pist, fir dem Recht op proppert Drénkwaasser an der Praxis och méi no ze kommen.

Eis Motioun virun e puer Méint am Kader vun der Debatt iwwert d'Offallgesetz, déi genee dëst gefuerdert huet, ass zwar komplett ofgeleent ginn, mee wann et dann elo awer gemaach gëtt, stellt dat eis nawell zefridden. Déi onendlech Geschicht mat der gratis Karaff am Restaurantsberäich fënnt an dësem Gesetzestext hir nächste Episod. D'gratis Karaff soll elo encouragéiert ginn, obligatoresch gëtt se awer net. Am Laf vun nächste Joer soll jo déi bezuelte Karaff dann elo ulafen. Dat héiere mir awer scho säit Joren. Dass mir et hei net fäerdegbréngen, esou eng einfach an effikass Mesure ëmzesetzen, léisst op alle Fall déi blécken.

Här President, ofschléissend wëll ech nach e puer Wuert soen iwwert d'Privatiséierung vun der Fourniture vum Drénkwaasser am Krunn, déi an der Direktiv net ausgeschloss gëtt a soumat an Europa a verschidene Länner weidergeet.

Zu Lëtzebuerg ass dat zwar net de Fall, an dat soll och esou bliwen. Allerdéngs gëtt et och hei ganz problematesch Entwécklungen, wéi aktuell zu Jonglënster, wou Quellewaasser um Territoire vun der Gemeng soll privatiséiert ginn. Dat ass an eisen Aen inakzeptabel. Dat leeft total contraire zu der Biergerinitiativ

Right2Water, déi sech kloer géint esou Privatiséierung vum ëffentlechen an iwwerliewenswichtige Gutt ausgeschwat huet. Et ass ekologesch totale Quatsch, well hei Quellewaasser a Fläschen, also a Verpackungen, ofgefëllt gëtt. Firwat hu mir am Fréijoer hei e ganze Pak Gesetzer ofgestëmmt, déi jo grad d'Reduzéierung vun de Verpackungen zum Zil hunn?

Donieft ass et bedenklech, datt zu Lëtzebuerg Quellen, déi Drénkwaasser fir 65.000 Leit liwwere kéinten, veronrengegt sinn, a mir da Quelle wéi déi zu Jonglënster, déi nach Waasser a gudder Qualitéit liwweren, och nach privatiséiere ginn!

Wa mer zu Lëtzebuerg tatsächlech an 10 bis 15 Joer mat Drénkwaasserknappheet ze kämpfe wäerten hunn, esou wéi d'Waasserwirtschaftsamt an déi deemoleg Ministesch Carole Dieschbourg dat prognostizéiert hunn, da kënnen net Waasserreserve privatiséiert a fir kommerziell Zwecker aus dem Circuit geholl ginn. Dat ass de Géigendeel vu Precautioun, an dat versteet och kee Mënsch méi hei!

Dës Argumentatiounen gëllen natierlech och nach a villen anere Länner, wou d'Leit keen Zougang zum Waasser hunn a grouss Multinationallen d'Waasser a Fläschen offëllen, fir et deier ze verkafen, an d'Leit da musse kilometerwäit Waasser siche goen, esou wéi d'Madamm Hemmen dat och virdru ganz richteg a gutt gesot huet. Och dofir musse mer eis asetzen, datt dat net méi dierf de Fall sinn.

Och an eisen Nopeschlänner hu ganz Stied méttlerweil geschwéi keen Drénkwaasser méi, wou dann de Buedem ofsackt. Dat ass och e ganz, ganz grouss Problem.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Weltwäit hunn iwwer 2 Milliarde Mënsche kee regelméisseg Zougang zu Waasser, Milliounen Leit hu keen Zougang zu propperem Waasser, wat leider och zu ganz ville Krankheetsfäll a virun allem leider och zu Doudesfäll féiert.

Zu Lëtzebuerg hu mer déi Situatioun net, an dofir musse mer eist Waasser schützen an och fir d'Zukunft virbereeden. Well och zu Lëtzebuerg verschount de Klimawandel eis net an och fir eis wäerten nei Erausforderungen kommen.

D'Drénkwaasser zu Lëtzebuerg hat bekanntlech, wann een et vergläicht mat internationalen Etüden, schonn ëmmer ee vun den héchsten Uspréich. Eist Drénkwaasser war och elo schonn onbedenklech, et ass et elo net réischt ab deem Gesetz haut. Scho fréier konnt een ouni Problem – ech liewen nach ëmmer, ech drénke vu Kand u vum Krunn – vum Krunn drénken, et war ni e Problem. Et ass eeben heiansdo méi hip, wann een iergendwellech gréng Fläsche mat italieeneschen Nimm komme léisst, fir déi dann ze drénken, wéi aus dem Krunn. Mee dat aus dem Krunn ass warscheinlech nach méi gesond wéi dat anert, gepanscht vun iergendenger grousser Schwäizer Firma, déi mat „N“ ufängt.

Dofir ass et wichteg, dass mer de Message ginn, dass mer soen: „Drénkt Waasser aus dem Krunn, et ass kontrolléiert an et wäert jo elo nach besser kontrolléiert ginn!“

Natierlech stellt sech d'Fro vun de Gemengen, et stellt sech d'Fro vum Kanal an et stellt sech d'Fro vum Präis. Domat sinn ech bei mir am Gemengerot scho länger amgaangen, ech hunn awer och schonn an

der Chamber e puermol uklänge gelooss, dass mir Piraten kee Fan si vun der aktueller Präisstruktur. An do ginn ech elo net op den Eenheitspräis an, mee am Moment sinn einfach déi Fixkäschte vum Kanal esou héich, dass d'Verbëtz vum Waasser net genuch gestrooft gëtt par rapport zu deem, wat ee scho fix bezilt.

Do muss eng Ännerung kommen, soudass déi, déi ze vill Waasser verbrauchen – sief et fir Swimmingpools, fir den Auto dräimol den Dag ze wäschen, ech iwwerdreiwen elo –, déi einfach d'Waasser verbëtzen, méi mussen an de Portmonni gräife wéi déi, déi waasserschouend doheim wirtschaften an awer iwwert d'Kalkäschten, iwwert déi Fixkäschten nach ëmmer en héije Präis bezuelen.

Gefillt sinn et 80 %, 90 % quasi, wat ee vu Fixkäschten huet, an de Rescht ass just variabel. Do misst den Taux komplett anescht sinn, dat heescht, quasi keng Fixkäschte méi an dofir immens héich d'Fudderer, déi ee benotzt.

En anere Problem, deen ech ëmmer gesinn, an dat hunn ech och bei de staatleche Gebaier schonn ubruecht: Et gefält mer einfach net, dass mer esou vill Drénkwaasser, wat jo propper ass, huele fir eis Toiletten! Dat ass ee Punkt! Anerer, ech hunn et virdru gesot, zwou Milliarde Leit op dem Planéit, hu keen Zougang zu propperem Waasser, a mir spullen et d'Toilette erof!

Wa mir nei Gebaier bauen, an ech hunn dat, oder mir am Gemengerot hunn dat elo fäerdegbruecht: Do hu mer elo eng Maison relais, déi fängt d'Waasser op an da geet dat an d'Toilette. Et geet schonn an d'Bewässerung, mee et geet awer och elo nach zousätzlech an d'Toiletten. Well et ka jo net sinn, dass mir, ...

(Interruption)

... dass mir Drénkwaasser benotzen, fir d'Toiletten erofzespullen! Dat ass e wichtige Punkt, wou mir och an Zukunft eng Kéier an all den Infrastrukturen, déi de Staat baut, eng Hand mussen upake fir dat Waasser.

Ech hat mer nach d'Restaurants opgeschriwwen. Jo, bei der Petitioun, do war ech deemools derbäi, et ass awer gefillt e bëssen esou ageschlof iergendwou dertëscht. Et hätt ee vill méi kënne maachen. Wann een e bëssen am Ausland ënnerwee ass, kritt ee scho mol d'office ëmmer Waasser dohinner gestallt.

M. Fernand Etgen, Président | Här Goergen, ...

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo.

M. Fernand Etgen, Président | ... d'Madamm Arendt ...

Une voix | Jo.

M. Fernand Etgen, Président | ... protestéiert direkt, an ech mengen, och mat Recht.

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Ech wollt just soen: Ech hat de Minister och gefrot, wou en da géif mat senger Sensibilisatiounscampagne bliwen. Här Goergen, Dir wësst jo awer, datt mer eng Pandemie dertëscht haten, tëschent dem Debat vun der Petitioun an der Sensibilisatiounscampagne. Et ass net grad ganz glécklech, wann d'Restaurants zou sinn, wa Karaffen, déi gedeelt ginn, eigentlech zu engem Moment, wou een net soll vill Kierperkontakt hunn, da lancéiert ginn. An dofir ass d'Campagne en retard geroden.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Arendt. An d'Wuert geet zréck un den Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Dat gesinn ech genau anescht, well während der Pandemie hätten

d'Restaurateuren Zäit gehat, fir sech drop virzebereeden.

Une voix | O!

M. Marc Goergen (Piraten) | An, op där anerer Säit, Dir kënnt mer awer elo net ...

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Marc Goergen (Piraten) | ... soen, dass eng Fläsch, déi Der offëllt hannert dem Comptoire, méi geféierlech ass, wéi wann Der eng Fläsch vun engem Softdrink oder soss iergendeppes erausschëtt. Et ass jo just de Garçon, deen dee Kontakt huet. Dee geet jo net mat där Fläsch duerch de ganzen ...

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Déi waren zou, d'Restaurants, während enger laanger Zäit!

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo, mee dee geet jo net duerch de Restaurant an deelt dat aus. Et steet jo um Dësch, ganz normal, wéi eng Fläsch. Dir hutt jo scho verschidde Restaurants, déi maachen dat, ...

(Brouhaha)

... dat ass eng ganz normal Fläsch, do ass hire Logo drop, oder de Logo vun där Pompel. A bon, ech gesinn do kee Problem, dass iergendwellech Bakterie géifen drakommen, net méi, wéi wann Der eng vun enger Mark oder soss iergendeppes, oder eng Fläsch Wäin, géift bestellen, déi jo och de Serveur Iech bréngt.

Ech verstinn Är Argumentatioun, ech sinn awer dach der Meinung, dass mer scho kéinten d'Waasser an de Restaurants hunn an dass dat e ganz gudder Projet wär, deen och eisem Tourismus an eiser Gastronomie gutt géif stoen, wann een dat Waasser géif kréien.

Ech soe jo mol net, dass et muss gratis sinn. Et muss jo mol net gratis sinn, mee dass een dat Drénkwaasser kritt, anstatt dass een – an dat hunn ech oft, wann ech eng Pizza iesse ginn – keng aner Wiel huet. Da kritt een eeben dat Waasser vun deem Schwäizer Konzern dohinner gestallt. An da freet een nach: „Däerf ech da Krunnewaasser kréien?“, an da seet de Restaurateur: „Nee.“ Bon, do hunn ech eng ganz aner Opfaassung. Mir hu gutt Drénkwaasser, dat kann och.

A jo, zum Projet wäerte mer natierlech jo soen. Merci.

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring.

Prise de position du Gouvernement

Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, zouverlässegt Krunnewaasser ass e wuessend Uleies vun der Bevëlkerung. Net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, wou de regelméisseg Konsum vun Krunnewaasser sech an deene leschte 15 Joer verduebelt huet, dat ass och scho gesot ginn, mee och europawäit. An och déi Right2Water-Initiativ ass scho puermol erwänt ginn, déi wierklech e grouss Succès hat an 1,8 Milliounen Ënnerschrëfte gesammelt huet. An déi huet, wéi och scho gesot, zur Revisioun vun der Drénkwaasserdirektiv vun 1998 gefouert. Dës gouf an d'Weeër geleet an Enn 2020 vum Parlament a vum Conseil ugehall.

D'Zil vun dëser Direktiv, déi bis den 12. Januar 2023 muss ëmgesat ginn, ass souwuel d'Recht vum Waasser, also den Droit de l'eau, wéi och d'Recht op Waasser ze verbesseren.

Och wann d'Virgängerdirektiv vun 1998 duerch e Règlement grand-ducal ëmgesat gouf, huet d'Regierung decidéiert, dës Direktiv duerch en Drénkwaassergesetz ëmzesetzen. D'Responsabilitéite leie bei mir als Ëmweltministesch a bei der Waasserverwaltung an och fir vereenzelt Attributiounen bei der Direction de la santé a bei der neier Lëtzeburger Verwaltung, déi fir d'Liewensmëttel zoustänneg ass, der ALVA.

Nach ier den Avant-projet ugehall gouf, sinn net nëmmen déi verschidden aner concernéiert Ministèren, awer och wichteg Acteuren am Drénkwaasserberäich, wéi de Syvicol an d'Associatioun vun de Lëtzeburgeresche Waasserservicer, d'ALUSEAU, consultéiert ginn.

Den Text bréngt Ännerungen fir d'Drénkwaasserservicer mat sech. An dat sinn zu Lëtzebuerg all d'Gemengen a sechs Gemengesyndikater. A mir kënnen och d'Gemengen nëmmen encouragéieren, sech engem Drénkwaassersyndikat unzeschleissen. Zwénge kënnen mer se leider net, also, dat ass, mengen ech, gesetzlech och net méiglech.

Et ass elo scho gesetzlech verankert, an zwar iwwert den Artikel 42, dass d'Drénkwaasserservicer an ëffentlecher Hand sinn, an duerch deen ass zu Lëtzebuerg eng Privatiséierung an eng Liberaliséierung vun Drénk- an Ofwaasserservicer ausgeschloss. Domet war Lëtzebuerg also scho virun der besoter europawäiter Petitioun ofgeschéiert an d'Waassergestioun an ëffentlecher Hand.

Den aktuelle Gesetzesprojet ass op dräi regionalen Informationsversammlungen zu Eschduerf, zu Réiser an zu Berbuerg de Gemeengeverrieder och virgestallt ginn.

Zum Inhalt vum Text ass et wichteg ze erwänen, dass als weesentlech Ännerung zum besteeënde Règlement grand-ducal vun 2002 Neierungen zur Waasserqualitéit an eng risikobaséiert Approche agefouert ginn. Duerch dës soll preventiv séchergestallt ginn, dass d'Drénkwaasserqualitéit och an Zukunft ëmmer den Normen entsprécht.

Dobäi wäerten d'Risiken op dräi Niveaue festgeluecht ginn: éischters d'Drénkwaasserressourcen, sief et de Stauséi oder d'Grondwaasser; zweetens déi ëffentlech Drénkwaasserinfrastrukturen, sief et d'Leitungen, d'Behälter, Quellefaassungen oder d'Opbereedungsanlag, zum Beispill vun der SEBES; an drëtters d'Verdeelung vum Waasser an den Haiser.

Wat déi zwee éischt Niveaue betrëfft, huet Lëtzebuerg haut scho seng Aufgabe gemaach an huet op europäeschem Niveau eng Virreiderroll. Beim Ressourcenschutz gëtt et hei zu Lëtzebuerg duerch e Règlement grand-ducal op Basis vum Waassergesetz vun 2008 elo scho 45 Schutzzonen, an zousätzlech siwe weider Reglementer sinn nach an der Prozedur. Dat entsprécht ronn 80 % vun de Quellebuerungen an och dem Anzuchsgebit vum Stauséi.

Meng Virgängerin am Ëmweltministère huet 2014 schonn erkannt, dass et mat Reglementer aleng net duergeet. Et muss um Terrain proaktiv mat allen Acteuren zesummegeschafft ginn. Dëst geschitt am Kader vu Moosnameprogrammer, déi vun den Drénkwaasserservicer ausgeschafft an duerch d'Initiativ vum Ëmweltministère op regionalem Niveau ëmgesat ginn. Dëst, ënner anerem, mat der finanzieller Ënnerstëtzung aus dem Waasserfong, deen d'ailleurs och déi interkommunal Infrastrukturen zu 50 % kofinanzéiert.

Dës Moosnameprogrammer kréien duerch dat neit Drénkwaassergesetz eng zousätzlech legal Basis.

Wat d'Risikoanalys an den Drénkwaasserinfrastrukturen betrëfft, do huet d'Waasserverwaltung de souge-

nannte „Water Safety Plan“ fir Lëtzebuerg ausgeschafft a schafft an deem Kader och elo schonn aktiv mat den Drénkwaasserservicer zesummen.

60 % vun de Gemengen a Gemengesyndikater hunn dës Water Safety Plan, och LuxWSP genannt, schonn ausgeschafft op Basis vun engem Instrument, dat fräiwëlleg benotzt ka ginn an dat virun allem de kleng Gemengen ënnert d'Äerm gräift. Fir déi innovativ Approche vum LuxWSP huet d'Waasserverwaltung um internationale Plang Luef an Unerkennung kritt, notament vun der UNECE an och vun der Weltgesundheitsorganisatioun. Mir sinn trotzdem flexibel an akzeptéieren och aner Outilen, déi den Ziler vun der Direktiv gerecht ginn.

Dat zukünftegt Gesetz gesäit e Certificat d'excellence vir, deen dem Dréps-Label, dee mer jo kennen, elo eng legal Basis gëtt an dee Gemengen a Gemengesyndikater, déi eng virbildlech Roll am Beräich vun hiren Drénkwaasserinfrastrukturen hunn, belount.

Eng nei Aufgab, déi op d'Propriétaire vu Gebaier an Haiser duerkënn, ass eng Risikoanalys vum Drénkwaasser a verschiddene Gebaier wéi Schoulen, Kliniken oder Appartementshaiser. Dës Drénkwaasserinfrastrukturen falen net ënnert d'Responsabilitéit vun de Gemengen als Drénkwaasserservicer, ausser an deene Gebaier, déi de Gemenge gehéieren, an an deem Fall sinn d'Gemengen als Propriétaire gefuerdert.

Heizou wäerten d'Waasserverwaltung an d'Direction de la santé eng national Strategie opstelle mat Fokus op prioritär Gebaier, wéi zum Beispill Altersheimer.

Weider Ännerungen vum Gesetz betreffen d'Parametere, déi d'Waasserqualitéit definéieren. Hei spillen elo zum Beispill Legionellen a Mikropolluanten eng méi grouss Roll. Zousätzlech heizou ginn d'Grenzweierter vu verschiddene Substanzen méi streng, wéi zum Beispill déi vum Bläi.

Zousätzlech wäerten ab 2024 d'Drénkwaasserservicer hir Fuitten an de Verdeelungsnetzer all Joer ënnersichen an zesumme mat der Waasserverwaltung kucken, wéi dës kënnen reduzéiert ginn.

Wéi schonn ufanks erwänt, ass de verbesserten Zougang zu propperem Waasser net nëmmen e wichtige Bestanddeel vum Gesetz, mee och e besonnescht Uleies vu mir selwer. Op ëffentleche Plazen a Gebaier kréien d'Leit zum Beispill iwwer Bornes-fontaines e gratis Zougang zum Drénkwaasser. Och dëst ass hei schonn diskutéiert ginn.

Bis allerspéitstens 2029 soll jiddwereen an allen ëffentleche Gebaier Zougang zu Drénkwaasser kréien. Et ass mir awer e wichtegt Uleies, dass mir dëst scho vill éischter hikréien an esou kënnen mat guddem Beispill virgoen an dem Beispill vun der Stad Lëtzebuerg an och der Aktioun Refill nokommen.

Och Restaurants a Kantine solle Krunnewaasser gratis zu engem niddrege Präis ubidden. Dëst ass keng Obligatioun, mee et gëtt explizitt am Text encouragéiert.

D'Vertrauen an d'Krunnewaasser baut op enger transparenter Kommunikatioun vun den Analysesultater, mee och op de Verbrauch op. Dës noutwendeg Informatiounen sollen d'Gemengen an Zukunft iwwert d'Waasserrechnungen, mee och iwwer Internetsäite liwweren.

Ech wëll op dëser Plaz nach eng Kéier erwänen, dass d'Krunnewaasser dat beschtkontrolléiert Liewensmëttel ass an dass 99 % vun den Analysen um Krunn konform zu den Normen sinn, déi haut schonn am Règlement grand-ducal vun 2002 festgeluecht sinn.

Dës Reglement, dat ass scho gesot ginn, gëtt parallel zu dësem Gesetz ofgeschaaft.

Dat neit Gesetz ergänzt ganz gutt d'Strategie, déi d'Regierung sech ginn huet, fir d'Drénkwaasserversuergung och laangfristeg ze sécheren. Dës Strategie baséiert op dräi Pilieren, déi zesummenhängen, an déi hat ech am September an dëser Ronn och schonn eng Kéier presentéiert: Deen éischten ass d'Waasserspuren, deen zweeten ass de Schutz vun de besteende Ressourcen an deen drëtten d'Erschließung vun neie Ressourcen.

Waasser spueren, virun allem dat, wat fir aner Notzunge wéi fir ze drénken, kachen oder fir Hygièneszwecker genotzt gëtt, soll an Zukunft eng méi grouss Bedeitung kréien, fir eis Versuergungssécherheet laangfristeg ofzesécheren. Och hei lafe scho Projete mat Fuerschungspartner fir ze kucken, wéi mer zum Beispill beim Uebst- a Geméisbau kënnen op aner Ressourcen zréckgräife wéi op d'Drénkwaasser.

Och d'Qualitéit vu besteende Ressourcë muss weider verbessert a geschützt ginn. Dat neit Gesetz wäert d'Professionaliséierung vun der Waasserversuergung duerch d'Gemengen a Gemengesyndikater an domat d'Vertraue vun Bierger an d'Waasser stäerken. E méi enkt Zesummeschaffe vu Gemengen, souwuel an den Drénkwaasserschutzzone wéi bei der Verbindung vu Reseauen a bei den Ennerhaltsaarbechten, wäert noutwendeg ginn.

vläicht e lescht Wuert awer nach zum Waasserpräis. Et sinn och schonn, mengen ech, vill Äntwerten hei komm an dëser Ronn. De käschtedeckende Waasserpräis souwuel am Drénk- wéi och am Ofwaasser ass am Artikel 12 vum Waassergesetz vun 2008 festgeluecht. Déi genau Modalitéite sinn a verschiddene Circulären am Detail festgehalen an de Berechnungsschlüssel, deen d'Waasserverwaltung ausgeschafft huet, rechent d'Käschten aus, déi eng Gemeng duerch hir Infrastrukturen – an déi si nun emol bei all Gemeng anescht –, awer och fir hir Betribskäschten huet.

Och e Reequillage a Fonctioun vun der geografischer Lag an dem ekonomesche Kontext gëtt gemaach. Esou ginn zum Beispill a ländleche Gemengen d'Käschte vun de méi laange Verbindungsleitungen zwëschen den Dierfer net matconsideréiert.

D'Waasserpräiskäschte kënnen op véier Secteuren ëmgelagert ginn.

M. Aly Kaes (CSV) | Madamm Minister, déi mussen awer bezuelt ginn! Pardon fir ze ënnerbriechen.

Mme Joëlle Welfring, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Jo, ech kommen herno nach eng Kéier op de Präis zréck. Also, Haushalter, Industrie, Landwirtschaft an Horeca, do kann also och eng Distributioun gemaach ginn.

Et sief bemierkt, dass, ...

Une voix | ... zu Wëntger ...

Mme Joëlle Welfring, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | ... Stand haut, am Dezember 2022 eréischt een Drëttel vun de Gemengen e konforme Waasserpräis huet, dee vun der Waasserversuergung aviséiert a vum Ministère de l'Intérieur approuvéiert misst ginn.

An der Moyenne si laut OECD d'Ausgaben duerch de Waasserpräis an engem duerschnëttleche Stot a just fënnf Länner vun der EU proportional gesi méi niddreg wéi zu Lëtzebuerg. Dat heescht, mir hu vergläichsweis e relativ niddrege Präis. Voilà.

Mir verschléissen eis awer kenger Diskussioun vun enger Upassung vun der Berechnung vum Waasserpräis, wann de Kontext dat sollt justifiéieren. A bei

den Energiepräisser elo ass et vläicht och wichteg, dass mer eng Kéier driwwer schwätzen, wéi d'Syndikater hir Statuten dann och vläicht benotzen, déi d'erneuerbar Energien am Moment och nach zum Deel verhéieren. Wat jo och kéint hëllefen anzespueren.

Eng weider Optioun wäert et an eise zukünftige PNEC gi fir ze kucken, wéi mer kënnen mat de Gemengen zesummen eeben och d'Käschten, oder d'Energie, déi mer brauchen, fir d'Waasser ze rengen, kënnen spueren, also, dass mer do eng Aart Pakt, e Klimapakt fir eeben déi dote Servicer an Zukunft wäerten entwéckelen.

Voilà. Et gouf och eppes iwwer Google gefrot, do gouf et eng Question parlementaire, et gouf der eng ganz Rei, an déi lescht eréischt am November, déi op genau déi do Fro äntwert, dofir wëll ech elo hei net drop agoen. Den EIE-Rapport ass nach ëmmer amgaang, gemaach ze ginn. Bon, mir waarden do nach op méi Informatiounen als Regierung.

Vläicht nach just zum Blackout: Et gëtt eng Aarbechtsgrupp am HCPN, déi den Detail fir esou eng Situatioun ausschafft, mee et gëtt och elo schonn e Plan d'intervention d'urgence eau potable, deen eng Blackout-Situatioun och elo schonn ofspigelt. Dat heescht, do gëtt et schonn eng Äntwert.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Dialog an eng gutt Zesummenaarbecht vun alle betrafenen Acteuren, Gemengen, Staat, och Privatstéit, ass vun zentraler Wichtigkeet bei der Ëmsetzung vun dese wichtege Reegele fir de Schutz vun eise Drénkwaasser. E proppert Drénkwaasser ass eis Liewensgrondlag an e wichtege Bestanddeel vun eiser Liewensqualitéit.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Ëmweltministresch Joëlle Welfring. An direkt Parole après ministre fir den Här Aly Kaes.

M. Aly Kaes (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech muss eppes soen: Ech fannen et schued, dass eeben hei an deem Haus dat alles politesch esou diskutéiert gëtt! Dat do ass ee Punkt, ...

(Brouhaha général)

... dee misst ee wäit do driwwer... Jo, Dir kënnt laachen, Dir kënnt alleguerter laachen, mee dat do ass esou e wichtegt Thema, dat ass esou wichteg, liewenswichtig! Et ass puermol gesot ginn, dass et vläicht gutt wier, wann een dat aneschters kéint diskutéieren, mee dat ass net méiglech! Duerfir wëll ech dat och net weider developpéieren.

Ech wëll awer der Madamm Minister soen, jo, dass grad eng Rei Syndikater am Ofwaasserberäich, oder virun allem een, deen ech besser kennen, alles mécht, fir alternativ Energie ze produzéieren, an och schonn deen een oder deen anere Projet developéiert huet, deen amgaang ass, ëmgesat ze ginn, fir eeben alternativ Energie anzesetzen. An da muss ech och erëm soen, wann ech esou vill Leitungen, Pompelen an enger Topografie hunn, wéi se eeben am Éislek ass, jo, a wann ech esou dacks muss d'Waasser an d'Ofwaasser pompelen, da brauch ech grad do déi Energie. Wann ech awer op där anerer Säit dat erëm muss op eng Gemeng verrechnen, wou relativ weéng Bierger si par rapport zu där enormer Infrastruktur, da brauch ech jo kengem eng Zeechnung ze maachen, dass dat doten net ze stemmen ass fir déi Gemengen.

A wa mir och e Plafonnage maache vum Waasserpräis, dann ännert dat am Fong guer näischt. Jo, direkt gëtt de Bierger an engem bestëmmte Sënn entlaascht. Indirekt falen d'Käschten op seng Gemeng, wat derzou féiert, dass iergendwou d'Gemeng erëm muss déi Suen

erakréien. A wou geet se déi Sue sichen? Wat ass eng Gemeng? Dat sinn d'Bierger, déi an där Gemeng liewen! Also muss ech awer erëm iergendwou d'Sue siche goen. Well déi 50 %, déi Dir erwäänt hutt, Madamm Minister, dat ass wonnerschön, jidderee weess awer mëttlerweil, dass dat net 50 % bei villen Infrastrukture sinn. Jo, et muss een Ärem Ministère zegutthalen, dass versicht gëtt, grad am ländleche Raum awer eppes Klenges dropzeleeë par rapport zum urbane Raum, fir de Käschten e weéng entgéintzekommen. Fakt ass awer, dass dat bei Wäitem net duergeet! Frot mol eng Kéier déi Responsabel vun de ländleche Gemengen, wéi d'Situatioun ass, wat déi Infrastrukturen am Waasser an am Ofwaasser ubelaangt, wat dat fir Käschte sinn, déi einfach net ze stemme sinn!

Jo, et war elo keng Fro, mee et huet awer misse gesot ginn. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kaes. An dann huet d'Madamm Simone Beissel d'Wuert gefrot.

(Brouhaha)

Mme Simone Beissel (DP) | Jo. Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt der Madamm Minister härezech Merci soen. Si huet eng ganz gutt Presentatioun gemaach vun all den Neierunge vun deem neien, wichtege Gesetz.

Ech soen dem Aly Kaes och Merci. Mir kenne seng Souciën, vu dass mer jo och am SEBES sinn, wou d'DEA, den Nordsyndikat, och derbäi ass. An ëmmer dat mat Ären Transportkäschten an Äre Quantitéiten, déi Der braucht, ech mengen, dat ass e Souci, dat hale mer um Radar.

Mee ech huelen eigentlech d'Wuert hei, well ech wollt e puer Saache soen, éischstens dem Fernand Kartheiser, dem Marc Goergen an nach anere Leit. Dat Éischt ass: Hu mer genuch Waasser? Wéi ass eis Waasserversuergung? Dat anert ass: Firwat gëtt net méi Waasser vum Krunn gedronk? An dat Drëtt ass: Wéi ass et mat dem Waasser, fir eis Toiletten ze spullen?

Ech wëll dem Här Kartheiser soen – den Här Kartheiser weess ganz vill Saachen, mee e weess eebe just net ëmmer alles –, dass mir hei zu Lëtzebuerg Honnerte vu Quellen hunn. Mir haten effektiv d'lescht Joer e Problem, well Dir hutt vläicht héieren, do war de Metazachlor ESA, deen huet e ganze Koup vun eise Quelle verseucht. Du si se aus dem Betrib geholl ginn.

Mir hunn awer d'Chance, dass mer mat Aktivkuefilteren, also Aktivkuel mat Ozon, mat Ultraviolett, e ganze Koup vun deenen Déiercher, praktesch bis 98 %, erausgefiltert kréien, a mer hunn iwwerall Traitementinstallatiounen gemaach, fir d'Quellen erëm lues a lues operationell ze kréien. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass: D'Captage vun de Quellen duerch d'ganz Land, dat si ganz nei Technologien. Et gëtt ganz vill horizontal gebuert, wou mer den Debit vun de Quelle ganz anescht kënnen maachen, wou mer vill méi Waasser kënnen erauszéien. Dat ass dat Zweet.

Dat Drëtt ass: Dir hutt héchstwahrscheinlech awer matkritt, dass mer zu Eschduerf, a mir hu jo hei e Finanzéierungsgesetz geholl virun e puer Méint, eng riseg nei Waasserstatioun eeben opriichten, well déi zu Esch-Sauer, déi aus den 1960er-Joren ass, net méi kapabel ass, wou mer zwar ganz vill nogerüst hunn, fir eeben dem Wuesstum vun eiser Populatioun à moyen an à long terme gerecht ze ginn.

Momentan ass et esou, dass mer zu Esch-Sauer mat deem, wat mer erauszéien, den Dag op 89.000 Meterkibb, 89.000 Fudder, kënnen kommen. Doniewent hu mer dräi Sécherheetspétze ronderëm d'Land. Wann



e Problem ass mat dem Stauséi, kënnen mer es aus deenen dräi Pëtzen nach e Koup zéien; déi hate mer och am Asaz, wéi de Metazachlor ESA eis eebe geplot huet.

Elo baue mer déi nei Statioun, déi geet bis op minimum 110.000 pro Dag, wou mer kënnen eropfuere, wat mer kënnen all Dag zéien, wat mer ausgerechent hunn. A wéi gesot, d'Pëtze sinn och dobäi, soudass mer wierklech d'Land kënnen mat dem SEBES-Waasser ofsécheren.

D'SEBES-Waasser ass geduecht als zweet Standbeen hei. Mir encouragéieren all d'Gemengen, fir massiv hir Quellen an der Rei ze halen, fir massiv ze kucken, dass se autonom sinn. An d'SEBES-Waasser ass geduecht, fir eebe just en zweet Standbeen hei an deem Land ze maachen, wann iergendwéi Soucië sinn, fir all Mënsch ze hëllefen.

An, wéi gesot, et sinn nach ëmmer e puer Gemengen, déi hunn u sech genuch Quellewaasser, déi sinn net un d'SEBES ugeglickert. Mir hunn awer schonn ëfters héieren, also Dir hutt dat jo bestëmmt och héieren, dass Momenter am Summer sinn, ëmmer ronderëm den 20. Juni an den 1. Juli, wou d'grouss Picke si vun deem, wat hei gebraucht gëtt vu Waasser. Déi Momenter – Dir wësst, wéi et esou waarm war –, dann ass et e Risiko, do haten op eemol e puer Gemengen hei, déi Dir gutt kennt, Bakterien am Waasser, an da si se ëmmer schlecht drun, well se net u SEBES-Leitungen hänken, da mussen se kucken, wéi se domat eens ginn.

Dat wollt ech Iech soe vun der Waasserversuergung.

Dat Drëtt, dat ass, dass mer amgaange sinn, grouss Etüden ze maachen, an d'Musel gëtt et hier, fir elo ...

(Interruption par la présidence)

... an Zukunft, wann et nach net sollt duergoen, e System ze maachen, dass mer kënnen Musel-Waasser huelen. Dat gëtt zwar eng grouss ...

(Interruption par la présidence)

... Opbereedung. An de Problem ass: D'Opbereedung kréie mer hin, mee et gëtt grouss Leitungen ze zéie fir an d'Bannescht vum Land eran, dass mer do nach eng aner Méiglechkeet kréien, fir hei am Land Drénkwaasser zousätzlech ze produzéieren.

Dat also, fir dass Der Iech keng Suerge mussen maachen, Här Kartheiser. Dir kënnt de Moment roueg schlofen, dat Land hei ass ofgeséichert mat Drénkwaasser!

(Brouhaha)

Zweete Souci, deen Der gesot hutt: Firwat drénken net méi Leit Krunnewaasser?

Här Kartheiser, ...

(Interruptions)

... mir hunn hei an deem Land bal zwee ...

(Brouhaha)

M. Fernand Etgen, Président | Madamm Beissel, Dir musst geschwënn zum ...

(Interruption)

... Schluss kommen, well mir sinn amgaangen, eis relativ wäit vum Gesetz, ...

Mme Simone Beissel (DP) | Jo, nee, et ass gutt, ech wollt just ganz, ...

M. Fernand Etgen, Président | ... wat mer haut um Ordre du jour hunn, ze entfernen.

Mme Simone Beissel (DP) | Jo, et ass gutt. Ech wollt him awer, ech äntwerten him awer ...

M. Fernand Etgen, Président | Dat kënnt awer do duerch, datt d'Riedner alleguer wäit ewech ware vum Bestanddeel vum deem Gesetz, wat mer haut diskutéieren.

Mme Simone Beissel (DP) | Den Här Kartheiser huet sech awer selwer Froe gestallt, an d'fir wollt ech him Äntwerte ginn.

(Brouhaha général)

Ech wollt Iech just soen: Mir hunn 200 Nationalitéiten hei am Land, an et si ganz vill Leit, déi si scho vu Kand u mat der Waasserfläsch gezillt ginn, well se aus Länner kommen, wou se ni d'Chance haten, fir aus engem normale Krunn Drénkwaasser ze zéien, well hiert Waasser verseucht war. Dofir si mer edukativ amgaangen. Do ass den Drëps, d'SEBES, d'ALUSEAU, all Mënsch hëlleft, ...

(Interruption par la présidence)

... iwwert d'Schoulen, fir eeben d'Kanner ...

(Interruption par la présidence)

... ze eduquéieren, an d'Kanner eduquéieren d'Elteren, dass se kënnen hei zu Lëtzebuerg Waasser vum Krunn drénken.

Dat Drëtt a Lescht ass, dass mer amgaange sinn, grouss Etüden ze maachen, fir Grouwaasser ze installéieren.

M. Fernand Etgen, Président | Jo, Madamm Beissel, Dir musst awer elo zum Schluss kommen.

Mme Simone Beissel (DP) | Jo.

M. Fernand Etgen, Président | Parole après ministre ass och op fënnf Minutte beschränkt.

Mme Simone Beissel (DP) | Entschëllegt.

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools fir déi wäertvoll Informatiounen a Prezisiounen.

Mme Simone Beissel (DP) | Ok, leschte Saz:

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | An dann huet nach den Här Clement d'Wuert gefrot.

(Hilarité générale)

Mme Simone Beissel (DP) | D'Grouwaassere ginn installéiert.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Sou, ...

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Clement huet d'Wuert gefrot, ...

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President.

M. Fernand Etgen, Président | ... laang virun Iech, Här Kartheiser!

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Ech mengen, d'Interventioun vun der Madamm Beissel huet elo grad bewisen, datt et eebe grad wichteg ass, datt mer heibannen och nach politesch mateneen diskutéieren. An do ginn ech dem Aly Kaes dann Onrecht. Ech si frou, datt mer e Parlament hunn, an deem och politesch diskutéiert gëtt a wou mer net nëmmen ofnicken, wat da presentéiert gëtt. An ech hoffen, datt dat och an Zukunft esou bleift, an datt d'Madamm Beissel eis och nach an Zukunft e puermol kann ...

(Interruption)

... mat hiren Erfarungen, wat d'Waasser ubelaangt, ënnerhalen. Ech soen Iech Merci.

(Brouhaha)

M. Fernand Etgen, Président | Merci och fir déi do Prezisiounen, Här Clement. An da Parole pour fait personnel fir den Här Kartheiser.

Plusieurs voix | A!

Une voix | O!

(Brouhaha général)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Merci, Här President.

Une voix | Sch!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ech wollt eigentlech ufänken an der Madamm Beissel felicitéieren, net nëmmen ...

Une voix | A!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... fir déi vill Saachen, déi si weess, mee och, well se elo Member vun der Regierung ass offensichtlech ...

Une voix | Jo.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... well ech hat jo eigentlech d'Regierung gebieden, op zwou Froen ze äntworten. Déi Äntwerte krut ech nëmmen héchstens deelweis!

Déi éischt Fro war un den Här Minister Turmes gericht: Seng eege Perspektiven iwwer 300.000 Leit, déi sollen an deenen nächste Joerzénge bäikommen, mol net a wäiter Zukunft, wéi ass dat mat der Waasserversuergung do geplangt?

Ech mengen, Dir kënnt jo elo, Här Minister Turmes, vläicht soen, datt d'Madamm Beissel alles gesot huet. An deem Fall huele mer zur Kenntnis, datt dat vläicht eng, soe mer mol, net ganz substanzéiert Äntwert wär.

An dat Zweet ass dat mat der Musel, do hu mer jo och elo héieren, datt d'Madamm Beissel u sech dat confirméiert huet, wat ech och gefrot hat, nämlech, datt dat eng Optioun wär. Mee awéiwäit ass dat eng Optioun? Wat wär dann domadder alles verbonnen, och vu Qualitéitskontrollen?

An déi drëtt oder déi zweet Fro, déi ech Iech gestallt hat, de Blackout, do huet jo awer d'Madamm Minister Welfring e bëssen drop geäntwert, dat ass dat mat deenen industrielle Projeten. Well mir schwätzen hei iwwer Drénkwaasser, a mir hate jo scho Projeten, déi net realiséiert goufen, ënner anerem mat dem Argument vum Waasserverbrauch. Mir hunn am Abléck den Dossier Google, wou de Waasserverbrauch och eng grouss Fro ass, an och do hu mer haut keng Äntwert kritt.

An ech bieden d'Regierung nach eng Kéier, a selbstverständlech, wann d'Madamm Beissel fir d'Regierung wëllt schwätzen, ka si och schwätzen, mee ech bieden d'Regierung, dach dem Land emol ze soen, wou mer mat deene Froen dru sinn. Well den Här Minister selwer huet déi demografesch Entwécklung an de Raum gestallt. Da soll en eis wannechgelift och soen, wéi dat mat der Waasserversuergung fir 300.000 zousätzlech Leit an Zäit vu 25 Joer soll geplangt ginn.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. Ech stelle fest, datt allkéiers, wann d'Theema Waasser op der Agenda ass, eng Rei Deputéierter d'Waasser net kënnen halen. An elo huet d'Regierung d'Wuert.

(Hilarité)

Une voix | O!

(Hilarité)

Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Merci, Här President.

(Hilarité)

A pardon, ech muss opstoen, entschëllegt.

Merci, Här President.

Zu der Waasserversuergung: Dat ass eppes, wat ech, wéi gesot, am September hei och schonn eng Kéier virgestallt hunn. Et gëtt eng Strategie, déi drop berout, dass mer, wéi ech och virdru gesot hunn, fir d'éischt probéieren, de Konsum anzegrenzen, fir eis besteeënd Quelle besser ze schützen. Ech mengen, d'Madamm Thill huet ganz kloer gesot, wivill Quelle mer am Moment nach am Uergen hunn, déi mer mussen an eng besser Qualitétsituatioun kréien, fir dass mer déi och kënnen notzen. An zousätzlech si mer amgaangen, an dat ass jo och elo schonn ugeklongen, eng Etüd ze maachen – déi ass nach net ofgeschloss, fir dann op déi Fro ze äntwerten –, wéi mer an Zukunft eventuell kënnen d'Muselwaasser notzen, fir zousätzlech Sécherheet ze ginn, wat d'Drénkwaasserversuergung ugeet.

Wat d'Projeten ugeet, do hu mer hei zu Lëtzebuerg jo schonn Etappen an eiser Gesetzgebung. Mir hunn d'EiEen, dat sinn Etüden, déi gemaach ginn am Virfeld bei gréissere Projeten, bei eenzelne Projekte fir ze kucken, wat dat fir Impakter kéint bréngen. An opgrond vun esou Etüden an am Kader vun eisen Autorisationsprozedure ginn déi Impakter am Virfeld ofgeschat.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Welfring. Ech mengen, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7995. Den Text steet am Document parlementaire 7995⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7995 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Dan Biancalana) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer elo zum Ofstëmmen vun der Motioun, déi den Här Kaes deposéiert hat. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Jessie Thill.

Mme Jessie Thill (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Merci fir dës Motioun. Bon, ech mengen, et ass scho ganz vill gesot ginn, ech hale mech elo kuerz. Fir eis ass d'Recht op proppert Waasser méi wéi just duerch de Waasserpräis oder Ofwaasserpräis definéiert, mee et geet och ëm d'Drénkwaasserschutzzonen, ëm den Invest an d'Infrastrukturen an d'Astandhaltung vun dësen. A wann de Präis net käschendeckend ass, dann hu mer jo och fir d'Gemengen net genuch Incentiven, fir dës Infrastrukturen och a Stand ze halen, fir dran ze investéieren. An dofir géif ech u sech menger Fraktioun recommandéieren, dës Motioun net ze stëmmen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Thill. Da freet den Här Yves Cruchten d'Wuert.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Jo, merci, Här President. Also, déi Diskussioun hei ass jo net nei an ech mengen, dass mer och schonn e puermol esou Motiounen wéi déi heiten oder änlecher hei diskutéiert hunn, oder Proposen. Hei gëtt jo dann eigentlech proposéiert, dass mer sollen en eenheetleche Waasserpräis maachen, wat dann deene Leit géif zeguttkommen am Präis, déi am ländleche Raum wunnen. Dat ass natierlech richteg.

Et muss een dann awer och éierlecherweis hannendru soen, dass dat fir Honnerttausende Leit hei am Land bedeute géif, dass de Waasserpräis méi deier gëtt. An déi Informatioun, déi feelt awer dacks, wa mer doriwwer schwätzen.

Den Här Kaes schreift a senger Motioun, an do huet en natierlech Recht, dass et Ongläichheete gëtt tëschent de verschidene Gemengen hei am Land. Dat ass richteg beim Waasserpräis, mee dat ass och richteg a ganz villen anere Saachen. Dat ass och grad esou wou an den Offaltaxen, oder ech géif soen, bei alle kommunalen Déngschtleschtunge gëtt et Ennerscheeder tëschent de Gemengen. Do gëtt et ënnerschiddlech Tariffer, awer och ënnerschiddlech Déngschter, déi d'Leit kënnen an Usproch huelen. An dat schéngt mer an där Hisiicht normal ze sinn

Ech soen awer och elo, zum Beispill, d'Wunnungspräisser, déi sinn och net déi selwecht am ganze Land. Dat géife mer eis vläicht wënschen, mee se sinn et awer net.

An da géif ech mengen, dass dat heiten, deen eenheetleche Waasserpräis, och net eng Fuerderung vun de Lëtzebuurger Gemengen ass. Ech kucken de President vum Syvicol, ...

(Interruption)

... dee ka mer do vläicht widdersprieche, wann ech net Recht hunn, mee souwäit ech weess, ass dat doten och net d'Positioun vun de Lëtzebuurger Gemengen.

An duerfir géif ech dann och menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei net unzehuelen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten. An dann huet den Här Graas d'Wuert gefrot.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Bon, ech hunn et virdru scho gesot, ech si llicht verwonnert, dass d'CSV elo op eemol in globo hei en eenheetleche

Waasserpräis fuerdert. Dat ass en neie Moment, deen huele mer zur Kenntnis.

Une voix | Et stoung am Walprogramm!

M. Gusty Graas (DP) | Fréier, fréier huet sech dat limitéiert op deen een oder deen anere Vertrieeder vun der CSV.

Une voix | Jo, genau.

M. Gusty Graas (DP) | Ech wëll just de Kollege vun der CSV soen: Kommt, mir maachen net d'Béchs vun der Pandora elo hei op! Ech hu Verständnis, wa Leit aus dem rurale Raum d'Meenung vertrieeden, datt se, bedéngt eeben duerch verschidden zousätzlech Ausgaben, aner Tariffer musse verrechnen, mee da féiere mer déi Diskussioun awer op engem ganz aneren Niveau. Da schwätze mer iwwer ganz aner Aspekter. Ech mengen, den Yves Cruchten huet dat elo schonn hei duerchblécke gelooss. Da schwätze mer zum Beispill iwwert déi Gemengen, déi national Industriezonen op hirem Terrain hunn, déi extreem zousätzlech Ausgaben hunn. An national Industriezonen droe bäi zum Wuelstand vum Land, dat heescht, déi Gemengen droen also och zur Solidaritéit insgesamt bäi. Duerfir fannen ech awer, déi Diskussioun hei soll een net ze vill aus engem – an dat ass elo net pejorativ gemengt – ze vill isoléierte Bléckpunkt gesinn, mee déi muss ee global gesinn.

Nach eng Kéier: Wa mer déi Diskussioun do ufänken, da musse mer se awer op ganz aner Echelonon och nach féieren! An da weess ech awer net, wéi déi Diskussiounen ausginn!

Dofir nach eng Kéier: Mir sinn och um Niveau vun der Autonomie communale hei! D'Gesetz ass ganz klipp a kloer. Wien ass kompetent fir d'Waasserversuergung hei zu Lëtzebuerg? Dat sinn d'Gemenge respektiv d'Gemengesyndikater, also mussen och d'Gemengen, d'Gemengesyndikater, d'Tariffer fixéieren.

Wa mer also elo deklinéieren, datt hei am Fong geholl muss en Unitéitspräis festgehalen ginn, gräife mer och an d'Autonomie communale an. Well déi eenzel Gemengen hu ganz aner Ausgaben. Dir hutt aner Ausgaben zu Tandel wéi mir am Süden. Dat kann een net matenee vergläichen. Dowéinst géif ech wierklech do virdru warnen, déi Diskussioun elo hei ...

(Interruption)

... unzefänken, well da féiere mer se op engem ganz aneren Niveau. An da weess ech net, wéi se endegt, an dat wier och net gutt fir d'Solidaritéit insgesamt hei zu Lëtzebuerg. An deem Sënn géif ech duerfir och menger Fraktioun proposéieren, déi Motioun hei ofzeleenen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Graas. Dann huet den Här Goergen d'Wuert gefrot.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Ech verstinn dem Aly Kaes seng Argumentatioun an och d'Uleies, mee wéi ech virdru scho gesot hunn, hu mir eng komplett aner Iddi vum allgemenge Waasserpräis, wéi e soll opgestallt ginn. An do wär dann een eenheetleche Waasserpräis net déi Formule, déi mer wëilten huelen, wa mer gäre méi d'Litere verrechne wéi de Fix. Ech weess, dat ass eng ganz aner Iddi. Duerfir wäerte mir dat doten haut net kënnen matstëmmen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Ech hat et virdrun ugedeit: Mir

wëssen och, datt vläicht déi Léisung, déi den Här Kaes eis proposéiert, net déi beschte ass, a mir sinn op, fir dat ze diskutéieren, wat ee ka maachen. Mee awer dee Message, deen en eis haut gëtt duerch déi Motioun, deen huele mir ganz eschelt an dat wëlle mer wierklech och ënnerstëtzen.

Elo setzt Iech emol an d'Haut ... Ech verstinn, hei ass deen een oder anere Kommunalpolitiker, deen denkt natierlech mat Recht och un d'Interessie vu senger Gemeng. Mee ech mengen, mir sollten dat awer elo mol national kucken a mir sollten eeben déi Solidaritéit weisen, déi den Här Kaes wëllt vun eis afuerderen. An ech mengen, en huet Recht. Setzt Iech emol an d'Haut vun enger Gemeng am Norden, déi et mat engem ganz héije Käschtepunkt an deem do Beräich ze dinn huet. Denkt och un d'Kläranlagen, déi mer hei viru Kuerzem nach diskutéiert haten, an aner Ausgaben. An den Här Kaes huet Recht, wann hie seet, datt déi finanziell Méibelaaschtung awer de Leit an anere Servicer erëm muss ewechgeholl ginn. An déi Leit hu scho Problemer, wann Der elo d'Busverbindungen an esou weider kuckt, déi méi schlecht si wéi zum Beispill am Süden, an am Abléck och déi héich Sprittpräisser, fir iwwerhaupt kënnen op d'Aarbechtsplaz ze fueren, oder ënnerbrachen Zuchlinnen. Et gëtt esou vill spezifesch Situatiounen an deene ländleche Gemengen, da muss mer där Saach dach Rechnung droen. Mir wëlle jo awer och e Land, an deem mer kënne vu viru soen, datt mer wa méiglech an alle Gemengen ongeféier déi selwecht Wunnqualitéit wëllen hunn an änlech Servicer ubidden, vun der Sécherheet ugefaange bis zu deene Grondversuerungen, Verkéiersproblematik an esou weider.

An dofir ass dat, wat den Här Kaes eis haut proposéiert, esou wichteg an och, mengen ech, legitiméiert. Dat ass, fir eis op déi Problematik opmierksam ze maachen an déi Solidaritéit anzefuerderen, déi mer awer och all deene Leit schëlleg sinn, déi an deene ländleche Gemenge wunnen.

An dofir wäerte mer dat heiten als ADR ënnerstëtzen, quitte datt mer wëssen, datt mer iwwert déi perfekt Léisung wäerte mussen weider diskutéieren, fir do wierklech eng Gerechtegheet an en ausgeglachene Modell, en ausgeglachene Rechmodell, ze fannen.

Awer d'Richtung ass richtig. An dofir wäerte mir d'CSV hei ënnerstëtzen. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An dann huet d'Madamm Cecchetti d'Wuert gefrot.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, also mir verstinn och ganz gutt d'Uleies vum Här Kaes a mir fannen och, datt ee vläicht misst doriwwer eng Kéier diskutéieren. Mee mir sinn awer och net fir dës Motioun, well mir, genau wéi d'Piraten, e ganz anere Point de vue hunn, an datt mer einfach soen: Een, dee vill Waasser verbëtzt, dee muss och méi bezuule wéi een, deen op säi Waasser oppasst! An dofir, datt ass einfach nëmmen iwwert de Präis ze reegelen, et passt een einfach nëmmen op eppes op, wat eppes kascht. Wann eppes näischt kascht, da passt een op näischt op!

Op där anerer Säit ass et awer kloer: Wann een d'Reseue vun der Gemeng kuckt, an d'Gemengen hu vill Ausgaben, da misst ee vläicht kucken, wéi een dat kann arrangéieren iwwert de Ministère, fir do eng Léisung ze fannen, fir awer wierklech deene kleng ländleche Gemengen – an ech schwätzen elo vun der Gemeng selwer an net vun deenen, déi d'Waasser huelen – ze hëllefen, fir do iergendwéi awer trotz deem iwwert d'Ronnen ze kommen.

An duerfir e grouse Merci fir déi Ureegung vun dëser Diskussioun. Ech mengen, datt déi och nach wäert an där nächster Zäit weidergefuert ginn an deenen

zoustännege Kommissiounen. Ech hoffen et op alle Fall.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Aly Kaes.

M. Aly Kaes (CSV) | Jo. Merci, Här President. Ech muss awer soen, ech sinn erstaunt, besonnesch iwwert dat, wat den Här Graas gesot huet. Ech wëll dem Här Graas just soen, datt mir och eng Zone d'activité an där Gemeng hätten, wa mer se geneemt kritt hätten. Heibanne si Leit, déi dat ganz genau wëssen. Ech wëll net méi dozou soen.

Da wëll ech soen: Wann aus dem urbane Raum Leit an de ländleche Raum kommen, an do ginn Touristeweier an all Méiglech ënnerhalen, kilometerweis ënnerhalen, da kascht dat Suen an dann ass dat och fir d'Qualitéit vun de Bierger. Och dat misst een da jo mat an d'Diskussioun bréngen. Mir hu besser, déi do Diskussioun, déi do Béchs, wéi Der dat esou schéi gesot hutt, net opzemaachen, ...

Une voix | Très bien!

M. Aly Kaes (CSV) | ... well do hätte mir, ...

(Interruption)

... do hätte mir, ...

M. Gusty Graas (DP) | Genau! Genau! Dir sot elo dat Richteg. Voilà, genau. Jo.

M. Aly Kaes (CSV) | ... esou munches ze bidden an där Hisiicht!

Fakt ass, nëmmen iwwert de Wee vun engem Eenheitswaasserpräis, esou wéi mer an anere Beräicher och Eenheitspräisser hunn ... Ech ginn nëmmen ee Beispill: Majo zum Beispill den Timber. Den Timber kascht fir op d'Wemperaart ... Jo, Dir laacht elo, Här Graas, fir e Bréif op d'Wemperaart ze bréngen ass et vill méi wäit als wéi hei zu Lëtzebuerg an der Stad, vun der Post an d'Rue du Commerce. Dat ass relativ kuerz, ech kenne mech relativ gutt an deem Eck aus, ...

M. Gusty Graas (DP) | Et ass awer net d'Kompetenz vun der Gemeng, fir de Präis vun engem Timber festzeleeën.

M. Aly Kaes (CSV) | ... well den LCGB jo do säi Siège huet.

Ech wëll nëmme just domadder soen: Mir kënnen där doter Fäll, där doter Beispiller, jee Gemeng opzielen. Mir schwätzen hei – an dat wëll ech nach eng Kéier an Erënnerung rufen, an do war jiddereen där selwechter Meinung – vun deem Wichtigsten, wat mer brauche fir ze liewen: Dat ass d'Waasser! „Ouni Waasser kee Liewen“, ass e puermol gefall. Genau dat!

An da muss ee soen: Mir schwätze vu Solidaritéit a mir schwätze vun Ongläichheeten, déi ee soll eliminéieren. Mee wann ech alles dat huelen, da gëtt et nëmmen ee Wee, an dat ass den Eenheitswaasserpräis!

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kaes. Dann huet den Här Yves Cruchten d'Wuert gefrot.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Jo, Här President. Also ech bleiwen nach ëmmer der Meinung, och no der Diskussioun hei, dass déi Motioun hei, esou wéi se hei proposéiert gëtt, net d'Léisung ass, och net zu all deene Problemer, déi hei opgeworf ginn.

Mee et mierkt een an den Diskussiounen hei, dass et vläicht awer net vu Mutterwäit wär, wa mer eis eng Kéier gëfen an enger Kommissioun ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Yves Cruchten (LSAP) | ... Zäit huelen, fir iwwert d'generell Problematik ze schwätzen.

D'Madamm Ministesch huet elo nach eng Kéier betount gehat, dass wuel d'Distanzen tëschen den Uertschafte consideréiert ginn, zum Beispill bei staatleche Subventiounen an hei an do. Dofir géif ech proposéieren: Mir sollten déi hei Motioun ofstëmmen. Mir wäerten als Partei zwar dergéinstëmmen. Mee awer déi Diskussioun iwwert de Waasserpräis, ech mengen, d'Gesetz ass vun 2008 – wann ech mech net ieren, war den Här Halsdorf do nach Minister, ass dat richtig? –, ...

Une voix | Jo.

M. Yves Cruchten (LSAP) | ...do ass et schonn derwäert, fir am Joer 2023 dann nach eng Kéier doriwwer ze schwätzen, a wann et nëmmen an der Kommissioun ass, fir dass mer och erëm eng Kéier Vergläicher kréien. Dat war deemools eng lieweg Debatt 2008, dann ass et vläicht gutt, wa mer elo no esou vill Joren nach eng Kéier de Point maachen a kucken: Wou si mer drun? A wéi sinn déi Ennerscheeder effektiv?

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten. Dann hunn ech nach zwou Wuertmeldungen, nach dräi Wuertmeldungen. Fir d'éischt den Här Roth.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV) | Ech wollt awer gären dem Här Cruchten äntworten. Ech mengen, et ass richtig, dass een doriwwer diskutéiert. Mee et dierf een et effektiv net eleng op de Waasserpräis resuméieren. Dat ass fir mech ganz kloer. Et muss ee méi breet diskutéieren. An duerfir, déi Motioun, et kann een derfir och dergéint stëmmen, mee et wär effektiv am beschten, et géif neutral a méi breet diskutéiert ginn, wéi den Här Graas et och gesot huet. Ech sinn op där Linn.

D'Zil kann eng Kéier sinn, iergendwéi méi Gerechtegheet an de System eranzekréien, ob dat awer e Prix unique de l'eau ass, dat ass eng aner Fro.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Halsdorf. Dann ass et um Här Gilles Roth.

M. Gilles Roth (CSV) | Merci, Här President. Ech mengen, den Här Halsdorf huet d'Stoussrichtung virginn, an ech kann dat ënnerstëtzen, am Numm vun eiser Fraktioun, wat den Yves Cruchten proposéiert huet. Mir stëmmen iwwert déi Motioun elo of, jiddweree stëmmt, wéi en dat fir richtig fannt. Mee längerfristeg muss mer souwiso kucken, ob dat d'Stad Lëtzebuerg ass oder Esch oder eng ländlech Gemeng: Dir wësst alleguerten, wat eng Kläranlag kascht, an déi kleng Gemengen, ob se am Syndikat sinn oder net, déi packen dat guer net. Véiert Klärstuf, finanziell ass dat net méi ze droen!

An ech mengen, dat, wat eis Positioun ass, dat ass, dass ee mëttelfristeg net derlaanscht kënnt, dass eng Kéier d'sämtlech Gestiou vun der Waasserzouliwwerung méi zentraliséiert gëtt an dass och d'Waasserklärung méi zentraliséiert gëtt, well dat ass de Wee, fir dass een op méi en harmoniséierte Waasserpräis vun donidde vu Mondorf bis uewen op d'Wemperaart kënnt, mat alle Consideratiounen, déi gemaach ginn haut de Mëtteg.

An ech mengen, an deem Sënn wiere mir d'accord, dass iwwert d'Motioun géif ofgestëmmt ginn, an dass dann awer och den Opdrag vun dëser Chamber haut wier, dass an noer Zukunft eng Kéier generell déi Diskussioun – no 14 Joer Waassergesetz – dann eng Kéier nei gemaach géif ginn.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Roth. Dann huet den Här Dan Kersch d'Wuert gefrot.

M. Dan Kersch (LSAP) | Ech ka mat deem, wat den Här Roth elo grad gesot huet, total averstane sinn.

An: „Ehre, wem Ehre gebührt.“ Ech wëll just soen, dass den Här Halsdorf deemools a senger Fonctioun als Inneminister ganz vill Drock aus deem doten Dossier erausgeholl huet, andeems en de maximale Präis fixéiert huet, soudass och eng ganz Rei Gemengeguer net méi nom Käschtedeckungsprinzip funktionéieren. Do ass ganz vill Drock erausgeholl ginn, an dofir verstinn ech ...

M. Fernand Etgen, Président | Jo.

M. Dan Kersch (LSAP) | ... déi haiteg Diskussioun éierlech gesot net. Ech mengen, mir hätten haut sollen driwwer schwätzen, wéi mer d'Waasserqualitéit zu Lëtzebuerg verbessern, a mir lande schlussendlech erëm an enger leideger Präisdiskussioun, déi mer am Fong och schonn hei iwwerstanen haten.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch.

(Interruption)

Da freet den Här Aly Kaes eng allerleschte Kéier d'Wuert.

Plusieurs voix | A!

M. Aly Kaes (CSV) | Ech wëll dann awer dem Här Kersch soen: Och wa mer e Plafonnage maache vum Waasser, da bleiwen d'Käschten identesch déi selwecht! Wa mer dann och nach higinn, mir hate souguer ee Moment e Modell, oder mir hunn e Modell, wou gesot ginn ass: „Dat gëtt net berücksichtegt tëschent den Dierfer!“ Jo, et ass einfach: Mir réckelen d'Dierfer einfach fest zesummen! An alles dat, wat dertëscht läit, wie bezitt dat? Natierlech d'Gemeng. Natierlech d'Gemeng! An dat bleift un der Gemeng hänken. A wann Dir mir erkläert ...

A grad den Här Kersch, muss ech awer soen! Ech wëll och déi Béchs elo net hei opmaachen, well dat ass nach vill méi ongerecht! Dat ass dat: Ech wëll just drun erënneren, bei der Gemegefinanzreform ass genau dat eenzegt Element, wat där doter Richtung e weénege entgéintgewierkt huet, erausgeholl ginn, nämlech d'Fläch gëtt net méi berücksichtegt an et gëtt nach just de Bierger berücksichtegt, dat heescht d'Persoun. An domadder huet eng extreem grouss Gemeng wéi d'Gemeng Wëntger – ech schwätze mol vun där gréisster, déi d'Land huet, d'Gemeng Wëntger – nach vill méi Problemer, fir d'Enner zesummenzekeréien. Sou, elo soen ech näischt méi, Här ...

Une voix | Très bien!

(Brouhaha général)

M. Dan Kersch (LSAP) | Frot emol den Här Mischo, wéi e seng Sportshal géif bezuelen, wann d'Gemegefinanzreform net komm wier.

Une voix | Oh là là!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos.

Une voix | Oh là là!

Une autre voix | O wéi bëlle!

M. Fernand Etgen, Président | Ech mengen, da komme mer elo zum Vott ...

La même voix | O wéi bëlle!

(Brouhaha général)

M. Fernand Etgen, Président | ... vun dëser Motioun an diskutéieren duerno de Sujet vum Waasserpräis an der Kommissioun weider. Mir kommen elo zum Vott vun der Motioun.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass bei 24 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galles, Léon Gloden, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Jean-Marie Halsdorf ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

5. 8116 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement

Mir kommen elo zum Projet de loi 8116 iwwert d'Bäihëlfe, fir d'energeetesche Renovatioun an Transitioun ze promovéieren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorerabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Ech schwätzen elo guer net vum Waasser, mee vun den erneierbaren Energien am Beräich vum Logement.

Mat dësem Projet de loi, dem 8116, komme mer zréck op dat modifizéiert Gesetz vum 23. Dezember 2016, mat deem mer en Ënnerstützungsregimm fir déi rational Notzung vun der Energie a fir den Ausbau vun den erneierbaren Energien am Beräich vum Logement agefouert haten. Am Mäerz vun dësem Joer goufen dës Aidë schonn eemol no uewen ugepasst an och méi breet opgestallt. An haut geet et drëms, enger Decisioun aus dem Tripartite-Accord gerecht ze ginn an d'Moosnamen nach weider ze verstärken.

D'Zil besteet doran, déi energeetesche Sanéierungen a Renovatiounsaarbechten am Beräich vum Logement nach e Krack ze beschleunegen an d'Energietransitioun op déi Manéier an deem Beräich ze féideren. Hei ass et wichteg ze betounen, dass de Plan national énergie climat, de PNEC, en ambitiöuse Renovatiounstaux vun 3 % am Joer um Niveau vum Bâtiment

virgesäit an domat och d'Verbesserung vun der energeetescher Effikassitéit an deem Beräich.

Dat bedeit, dass dësse Projet de loi, wéi vill anerer iwwregens, sech net nëmmen an den Tripartite-Accord aschreift, mee och an de Kader vum PNEC. Méi speziell handelt et sech éischtens ëm d'Erhéijung vum Bonus, deem ausbezuelt gëtt, wann e Menage eng al Chaudière, déi op Basis vu fossillen Energie funktionéiert, duerch eng Chaudière ersetzt, déi mat erneierbarer Energie bedriwwen gëtt; hei schwätzt ee vum „bonus de remplacement“. An deem Fall gëtt de Bonus vun 30 % op 50 % eropgeschrafft am Fall, wou d'Installatioun tëscht dem 1. November 2022 an dem 31. Dezember 2023 bestallt ginn ass oder bestallt gëtt. D'Rechnung muss spéitstens den 31. Dezember 2025 etabléiert sinn.

Renforcéiert ginn zweetens dann och déi finanziell Hëllef fir Fotovoltaikanlagen a fir déi energeetesche Renovatioun am Beräich vum Logement. Hei gëtt e Supplement vu 25 % op de besteende finanziellen Hëllef mam Numm „Klimabonus“ agefouert, dëst ënnert der Konditioun, dass den Demandeur sech engagéiert, seng Installatioun entweder am Modus vun der Autoconsommation oder innerhalb vun enger energeetescher Communautéit, zum Beispill enger Kooperativ, lafen ze loossen. Mat dëser Erhéijung gëtt dann och de finanzielle Plaffong vu 50 % op 62,5 % vun den effektive Käschte vun der Installatioun eropgesat. Fir eligibel ze sinn, muss d'Anlag tëscht dem 1. Januar 2023 an dem 31. Dezember 2023 bestallt ginn an d'Rechnung muss hei spéitstens den 31. Dezember 2025 virleien.

Déi drëtt Dispositioun betrëfft den energeeteschen Assainissement vun enger Wunneng. Eligibel sinn hei engersäits d'Konstruktiounselementer, déi gebraucht ginn, fir eng thermesch Isolatioun ze realiséieren, an anerersäits d'Elementer, déi fir d'Mise en place vun enger kontrolléierter mechanescher Ventilatioun noutwendeg sinn. Bei dësem Volet gesäit de Projet de loi vir, dass de Klimabonus mat zousätzleche 25 % verstärkt gëtt. De finanzielle Plaffong gëtt hei vun den aktuelle 50 % op zukünfteg 62,5 % vun den effektive Käschten eropgesat.

Déi éischt Demande, fir en Accord de principe fir dës Subsidien am Virfeld ze kréien, muss tëscht dem 1. Januar 2022 an dem 31. Dezember 2023 eragereecht ginn oder eragereecht gi sinn, während d'Rechnung spéitstens den 31. Dezember 2025 muss virleien.

Entsprechend dëse Moosname gëtt de Règlement grand-ducal vum 7. Abrëll 2022 mat den Ausféierungsbestëmmunge vum Gesetz modifizéiert. Wichteg ass hei ze bemerken, dass de virgenannten Dispositiounen, dass och eng weider Moosnam geplangt ass: Se besteet doraus, dass eng Installatioun, déi de Stockage vun der produziierter Elektrizitéit erméiglecht, och fir Fotovoltaik-Aiden eligibel gëtt. Dës Volet wäert iwwert d'Modifizéierung vum genannte Règlement grand-ducal gereegelt ginn, an d'Konditioun, déi dofir erfüllt muss ginn, ass déi, dass dës Installatioun zur gläicher Zäit wéi d'Fotovoltaikanlag installéiert gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, domat hunn ech den Inhalt vun dësem Projet de loi schonn integral virgestallt a kommen nach kuerz zu den zwee Avisen, déi zu dësem Projet de loi erakoumen.

Deen éischte staamt vum Staatsrot, dee keng Objection formuléiert huet, wuel wëssend, dass et sech hei ëm eng Dispositioun oder ëm Dispositiounen handelt, déi scho bei hirer Aféierung vum Staatsrot deemools guttgeheescht gi waren. Am Projet de loi vun haut geet et, wéi gesot, just drëms, dës Moosnamen ze verstärken, wat beim Staatsrot keen Ulass zur Kritik ginn huet.